Conseil communal

Séance publique du 25 janvier 2010

Durée de la séance: *14.30 à 17.30 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Albert Muller, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos

1. Personnel
   - 1.1. Nomination provisoire d'un expéditionnaire administratif (m/f) - décision.
   - 1.2. Démission d'office et volontaire de Schiltz Lucienne, caissière dans les piscines – information.
   - 1.3. Nomination d'un caissier polyvalent à mi-temps (m/f) pour les piscines suivant publication interne – décision.
   - 1.4. Nomination de deux caissiers polyvalents à mi-temps (m/f) pour les piscines suivant publication externe – décision.

Séance publique (début: 14.45 heures)

2. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
3. Administration générale: titres de recettes - déclarations diverses.
4. Personnel: contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant de l'Ecole de Musique - ratification.
5. Propriétés:
   - 5.1. Acquisition de locaux en état d'achèvement et du terrain sis à Pétange, lieu-dit « Place de la Libération » en vue de l'implantation d'un foyer de jour pour personnes âgées – approbation de l'acte.
   - 5.2. Cession d'emprises et de contre-emprises sises à Pétange, lieu-dit « rue Prinzenberg » - approbation des actes.
6. Enseignement:
   - 6.1. Réaménagement de la cour de récréation de l'Ecole Neiwiss à Rodange – approbation du projet définitif.
   - 6.2. Construction d'un nouvel auvent à l'Ecole Neiwiss à Rodange - approbation du projet définitif et vote d'un crédit spécial.
7. Prévisions sociales: aide aux sinistrés – subvention au profit des victimes des tremblements de terre en Haïti – décision.
8. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

1.

Le point 1 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Nomination provisoire d'un expéditionnaire administratif (m/f):

- *M. Laurent Coos de Rodange*

Démission d'office et volontaire de *Mme Schiltz Lucienne*, caissière dans les piscines, avec effet du 26 juin 2010 - information

Nomination d'un caissier polyvalent à mi-temps (m/f) pour les piscines suivant publication interne:

- *Mme Sandy Leus, épouse Mazza de Lamadelaine*

Nomination de deux caissiers polyvalents à mi-temps (m/f) pour les piscines suivant publication externe:

- *Mme Christiane Bindels de Lamadelaine*
- *Mme Simone Reicher de Lamadelaine*

2.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer hu jo zesumme mam Ministère, deen eis och eng ganz grouss Ënnerstëtzung gëtt, beschloss gehat fir verschidden Erneierunge bannen am Jugendhaus zu Péiteng ze maachen. Bannena kritt dat Gebai e Lifting. D'Plättercher ginn erneiert a se kréien eng kleng Kichen do ageriicht, esou datt et e bëssen ausgesäit wéi zu Rodange. Fir déi, déi schonn emol zu Rodange am Jugenhaus waren, dat gesäit och e bësse méi modern a gemittlech aus. Dofir si mer och op de Wee gaange fir déi Garagepaarten eraus ze huelen. Do ginn elo Fënsteren agebaut, wat och méi Luucht erafale léisst, esou datt déi Jugendlech net dat Gefill hunn, se géifen sech praktesch an engem Keller ophalen. Dir hutt och e Plang an den Ënnerlagen dran. Wéi der gesidd ginn déi Fënsteren ugepasst. Dat ronnt Stéck uewe bleift, an da komme Fënsteren op de Modell vun deenen ieweschte Fënsteren dran. No ënne ginn d'Wänn ausgebaut. Dat alles leeft awer am normale Budget, dat ass alles mat ageplangt. De Ministère steiert 50 respektiv 100 Prozent bäi, deemno wat et ass.

3.

Administration générale.

Titre de recettes – déclarations diverses – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der hutt op der Säit 17 eng ganz Rei vu Recetten, wou haaptsächlech zwou ervirstiechen. Dat sinn d'Punkten 18 an 19, also d'Gewerbesteier mat deem véierten Akkont, an d'„dotation de l'Etat" mat der Avance op dat véiert Trimester, wat am Ganzen iwwer 5 Milliounen Euro ausmécht.

Jeannot Linden (LSAP):

Jo, ech hunn dat e bëssen nogekuckt. Et ass esou komesch, well elo kënnt de véierten Akkont vun der Gewerbesteier iwwer 2,8 Milliounen Euro an och d'„dotation de l'Etat" vum 4. Trimester. Dat bezitt sech also nach alles op 2009, wou mer elo eréischt de Rescht kréien. Et ka jo sinn, datt elo nach eppes nokënnt, wat mer jo net wëssen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat wat nach nokënnt, da kënnt am Mäerz. Mee do kënnt nach eppes.

Approbation à l'unanimité.

4.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass gewosst, datt dat sech elo just nach op d'Musekschoul limitéiert. Do hutt der dräi Kontrakter, déi mer haut musse ratifizéieren.

Ratification à l'unanimité.

5.1.

Propriétés.

Acquisition de locaux en état d'achèvement et du terrain sis à Pétange, lieu-dit «Place de la Libération», en vue de l'implantation d'un foyer de jour pour personnes âgées – approbation de l'acte.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm en Acte vun engem Compromis, dee mer virun zwee Joer gemaach hunn an Zesummenhang mat eisem „Centre psychogériatrique".

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei solle mer mat dru bedeelegt sinn un der Ariichtung vun engem Foyer du jour fir eeler Leit. Do geet et éischtens emol drëm fir den Terrain, deen dozou gehéiert, ze stëmmen. Zweetens geet et och ëm den Ukaf selwer vun de bannenzechte Raimlechkeeten an dësem Foyer, wou mer am Keller gewësse Raimlechkeete kafen. Ech mengen, am Acte gesidd der och all Kéier, ëm wéivill et sech dobäi handelt. An dann och nach Büroe mat Terrass um Rez-de-Chaussée, déi eng Kéier 100 an eng Kéier 58 Quadratmeter grouss sinn. Dat Ganzt huet natierlech e Präis. Den Terrain kascht 119.948 €. An den Total vun de Raimlechkeeten an der Terrass beleeft sech op 371.353 € mat de Garageplazen am Keller.

Well uewen d'Aarbechten de Moment zu 80% gemaach sinn, géife mer elo 297.082,40€ bezuelen. De Rescht géif da bezuelt gi wann alles fäerdeg ass.

Guy Brecht (LSAP):

Ech hunn am Fong e bëssen en domm Fro. Wat verstitt der ënner „Société anonyme".

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass eng Form vun enger Firma. Hei ass déi Struktur, déi do gewielt gouf. Et ass eng Aktiengesellschaft.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et mussen och normalerweis 7 Leit si fir eng Aktiengesellschaft ze grënnen.

Guy Brecht (LSAP):

Jo, eng Aktiengesellschaft, dann ass et kloer. Merci.

Approbation à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

5.2.

Propriétés.

Cession d'emprises et de contre-emprises sises à Pétange, lieu-dit «rue Prinzenberg» - approbation des actes.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei ass och en Acte, dee mer gären haut géife stëmmen, well de Compromis schonn 1998 gestëmmt gouf. Haut solle mer dann emol ofschléisse mat der rue Prinzenberg. Ech weess net, ob ech elo soll ganz an d'Detailer goen. Et si vill Leit, déi do a Fro kommen. Et sinn d'Famillje Muller, Martin, Urwald, Barthelemy, Urbain, Antony-Faber, Bartocci, Antony-Seidel a Konz. Dat sinn alles Cessioune mat Emprisen an et ass alles eng Saach vun 11 oder 15 Centiar. Ech mengen, dat kënnt där noliesen, well ech wier eng Stonn amgaangen, wann ech alles eenzel géif opzielen.

An dann hu mer awer och nach op däer aner Säit Contre-emprisen, well mer dat Ganzt jo och nach eng Kéier ganz exakt ofmoosse gelooss hunn. Dat ass mat de Famillje Goncalves Barrocco, Barthelemy, Rollinger, Antony-Seidel, Thill a Simoes Morais. Dat alles si Cessiounen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hu jo schonn dacks gesot, datt een déi Saache mat den Emprise soll ofschléissen, esou datt een den Dossier liquidéiert kritt. Besonnesch wann et op 1998 zeréckgeet. Wéi gesot, et si wierklech esou minim Chiffere vun 1, 4 oder 11 Centiar. Et ass jo kee groussen Areal derbäi.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Neen, ech mengen, dee gréissten Areal huet 81 Centiar. Méi ass et net.

Approbation à l'unanimité. MM. Breyer et Muller, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

6.1.

Enseignement.

Réaménagement de la cour de récréation de l'Ecole Neiwiss à Rodange – approbation du projet définitif.

Le coût total de ce réaménagement s'élèvera à 418.044,52 €. Dans ce prix sont inclus e.a. les travaux de drainage et d'éclairage, les équipements de jeux, le mobilier urbain, les travaux de plantation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dee ganzen Ëmbau am Neiwiss-Gebai ass op en Enn gaangen. Et si just nach e puer Klengegkeeten am Bau ze maachen, esou datt mer elo mussen drun denke fir déi zwee Schoulhäff nei anzeriichten, esou wéi dat haut gefrot gëtt. Déi sollen e wéineg méi attraktiv fir eis Kanner gemaach ginn. Haut leeë mer iech emol en Devis vir fir en éischte Schoulhaff, an zwar deen a Richtung rue de la Gendarmerie. Dee soll ganz nei gemaach ginn. De ganze Fong gëtt ganz erneiert, et kënnt eng ganz nei Uewerfläch dohinner. Et ginn och Spiller, déi éducativ solle sinn, opgeriicht, et gëtt mat Holz, mat Wues an och mat extraem Buedem – mat engem gewëssene Fallschutz – geschafft. Et kommen och nei Elementer mat Spiller dohinner. Et gëtt eng nei Beliichtung opgestallt, nei Weeër ginn ugeluecht – alles ass och ausgemooss vun de Pompjeeën, esou datt dat och de Sécherheetsmooss-namen entsprécht. Dee ganze Plang ass mat der Landschaftsarchitektin, der Madame Devetak, ausgeschafft ginn an déi eis de Plang och nach wäert virstellen. Mer hunn dat och mam Léierpersonal beschwat an ausgeschafft. Si sinn och domatter averstanen. Ech mengen, si musse jo och d'Iwwersiicht behale vun deene Kanner, déi do am Haff spillen, esou datt et och selbstverständlech ass, datt mär dat mat de Léierpersounen ofgeschwat hunn. Dat Ganzt huet natierlech och säi Präis. Mer hunn hei 420.000 Euro stoen, wat dat eis géif kaschten. Mee dat soll et eis awer wäert si fir datt eis Kanner et duerno net nëmme schéin dobannen hu, mee datt se sech och während de Schoulpausen kënnen an aller Sécherheet austoben.

Beim Punkt hannendrun ass och eng Ëmännerung virgesi wat de Préau ugeet. Déi, déi elo do sinn, déi si grouss a gi bis een Drëttel – wann net esou guer méi wäit – an de Schoulhaff eran. Esou wéi mer deen neie Schoulhaff elo wollte maachen hu mer dëslescht gesinn, datt mer mat deene Préauen, déi do stinn, dat net kéinte realiséieren, wéi mär a wéi d'Léierpersonal dat geduecht haten. Do si mer op dee Punkt komm, wou mer gesot hunn, mer géifen déi Préauen ewechhuelen. Et sinn och ëmmer Doléance komm, datt d'Kanner awer naass géife gi wa se bei Reen drënner stinn oder se géife widder déi Poteaue lafen, well déi esou mächteg wieren. Do ass op gewësse Geforen higewise ginn, esou datt mer och nach en neie Plang vum Architektebüro Holweck et Bingen, dee mam Landschaftsarchitekt zesummeschafft. Dat gëtt eng ganz Konstruktioun mat Holz a Glas. D'Trape ginn esou ausgebaut, datt d'Kanner kënnen ënnerdaach sëtzen. D'Kanner kënnen och do Spiller maachen. Se kënnen och dréchen do stoe wa si op de Bus waarden. Beim zweeten Ausgang kënnt dann nach e klengen Iwwerdaach. Natierlech huet dat och säi Präis. Dat kascht eis 230.000 Euro TTC.

Le projet de réaménagement de la cour de récréation du bâtiment scolaire «Neiwiss» fut présenté par Madame Maja Devetak, de Hosingen.

Le projet de construction d'un préau et de réaménagement des accès du bâtiment scolaire «Neiwiss» à Rodange fut présenté par un collaborateur du bureau d'architectes Holweck-Bingen de Diekirch.

A la suite de la présentation, les conseillers communaux ont pu poser leurs questions concernant ces projets.

Albert Muller (LSAP):

Ech hätt eng Fro wat d'Auventen ubelaangt. Elo ass knapps de Budget fir 2010 gestëmmt a scho musse mer higoen an e Crédit spécial stëmme fir dee Projet hei kënnen duerchzezéien. Hätt een dat net scho kënne bei der Opstellung vum Budget 2010 virgesinn?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir waren zu deem Zäitpunkt net der Meenung, datt mer et géife maachen. Mir haten eigentlech just geplangt fir de Schoulhaff ze realiséieren. Mir sinn awer am Kader vun den Diskussioune mam Léierpersonal ëmmer méi zu Conclusioun komm, datt - wa mer déi Auventen esou stoe loosse wéi se de Moment do stinn - se e flotten Aménagement vum Schoulhaff onméiglech maachen. Well de Schoulhaff ass net all ze grouss. A wann een esou Elementer matzen am Schoulhaff stoen huet, dann ass all raisonnabel Planung onméiglech. Dofir si mer zu der Conclusioun komm - an déi Décisioun ass eréischt gefall nodeem de Budget gestëmmt war - fir dee Projet an deem Sënn ze realiséieren, datt mer d'Auventen ewechhuelen.

Gott sei Dank hate mer eis eng gewëss Réserve an eisem Budget gelooss, déi et eis erlaabt fir elo e Projet ze maachen, deen definitiv ass an dee sécherlech elo besser ass wéi wa mer d'Auvente stoegelooss hätten.

Albert Muller (LSAP):

Dann hätt ech nach eng Fro zum Reaménagement vum Schoulhaff. Brauche mer do net den Avis vum Inspekter vun der Sécherheet an de Schoulen? Well mer sollen hei zweemol e Projet definitiv stëmmen. Wann elo senger Liewen den Inspekter Argumenter hätt fir um Projet änneren ze goen, da miisste mer de Projet nach eng Kéier dem Gemengerot zur Ofstëmmung ënnerbreeden. Wier et also net besser, datt een den Avis vum Inspekter iwwer d'Sécherheet géif virleien ier mer de Projet géife stëmmen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt éischtens déi Leit, déi kompetent sinn - dat ass och d'Schoulkommissioun mam Inspectorat - de 'feu vert' ginn hunn. An zweetens, wat d'Sécherheet ubelaangt, ass vun deene Leit, déi dee Projet hei opgestallt hunn, déi néideg Mesurë geholl ginn. Sécherlech ass et esou, datt wann den Inspecteur à la sécurité dans la fonction publique géif iergendwou eppes fanne wat net an der Rei wier, da miisste mer deem Rechnung droen. A wann dat wierklech dozou géif féieren, datt dee ganze Projet miisst op d'Kopp gedréint ginn, da miisste mer nach eng zweete Kéier domatter an de Gemengerot kommen. Ech sinn awer iwwerzeegt, datt dat net wäert antreffen.

Albert Muller (LSAP):

Ech froe mech, ob déi Projeten esou dréngend sinn, datt een an éischter Phas muss den definitive Projet stëmmen ouni op den Avis vum Inspekter ze waarden?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Si sinn dréngend, wa mer gären am Summer - well déi Aarbechte kënne mer nëmmen an der grousser Vakanz maachen - wëllen déi Aarbechte realiséieren. Wa mer et eréischt am Mäerz/Abrëll géife stëmmen, an duerno eréischt d'Ausschreiwunge maachen, da kënne mer am Juli net ufänken. An dir kënnt äre Kapp a Rou leeën. Dee Projet hei ass conforme a mer wäerte kee Problem mam Inspekter vun der Sécherheet an der Fonction publique kréien.

Albert Muller (LSAP):

Da kommen ech nach eng Kéier op de Schoulhaff zeréck. Ech gesinn, datt do e Kredit vun 50.000 Euro dran ass, mam Vermierk, datt deen och duergeet fir déi éischt Studien ofzeschléissen. Da si mer eis jo elo bewosst - wann dat da soll am Summer ugoen - datt mer dann nach eng Kéier mussen en definitive Kredit stëmme fir kënnen déi Aarbechten hei unzefänken a se fäerdeg kënnen ze maachen. Kënnt domatter d'Gläichgewiicht vum Budget net un d'Wackelen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Neen. Et war esou, datt dee Kredit vun 50.000 Euro am Budget 2009 stoung. An do goung en duer fir d'Étuden unzefänken. Am Budget 2010 stinn och nach eng Kéier 400.000 Euro. Dat heescht et sinn am Ganzen 450.000 Euro, an déi ginn duer fir deen Devis vun 420.000 Euro ofzedecken. Mir hunn esouguer nach eng kleng Reserve wann iergendee Problem géif opdauchen.

Dann hu mer natierlech deen zweete Kredit an deen exklusiv fir den Auvent ass, a wou mer eigentlech am Ufank net geplangt hate fir frësch ze maachen. An dee Kredit stëmme mer jo elo. An do ass jo kee Problem well mer fir de Moment nach eng Réserve um Enn vum leschte Budget hate vun 456.000 Euro. A wa mer elo déi 230.000 Euro ewechhuelen, da behale mer nach ëmmer e Sold vun 226.000 Euro. Esou datt budgetäresch dee ganze Projet komplett ofgeséchert ass.

Albert Muller (LSAP):

Da kann ech eis nach just wënschen, datt den Inspekter iwwer d'Sécherheet an de Schoulen net zevill Changementer verlaangt, esou datt mer net nach eng Kéier mussen an de Gemengerot komme fir en nei Projet ze stëmmen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat hoffen ech mat iech.

Norbert Pierre (LSAP)

Et ass e ganz flotte Projet. Ech hu just Bedenke wat d'Spiller ugeet. Ech fäerten, datt den Haff ze kleng ass fir all déi Spiller - déi virgesi sinn - ënnerdaach ze kréien. Ech weisen och drop hin, datt mer op der anerer Säit vum Schoulhaff eng Spillplaz hunn. E Schoulhaff soll jo keng Spillplaz sinn. E Schoulhaff soll e Schoulhaff bleiwen.

Da ginn ech nach eng aner Saach ze bedenken. Mir hunn e Pavillon do stoen, mä et geet néierens ervir wat mat deem Pavillon geschitt. Ech hat virun enger Zäit schonn eng Kéier eng Fro dozou gestallt an du krut ech gesot, datt et ze deier géif gi fir en ofzerappen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech huelen un, dir schwätzt vun de Containeren. Déi ginn ewechgeholl. Do maache mer ganz kuerzfristeg eng Propositioun.

Norbert Pierre (LSAP)

Wann ee vun der Gendarmerie-Strooss erageet, esou ass do eng riseg Ouverture gemaach ginn. Ass dee ganze Site - haaptsächlech owes - ofgeséchert a clôturéiert? Net datt mer duerno méi Hënn drop spazéieren hu wéi Kanner. Et soll net ausgesi wéi an engem Ghetto, mä mer wësse jo wat geschitt wann et opbleift.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et bleift clôturéiert. D'Gelänner kënnt och drun. Dat eenzegt, wat mer am gaange sinn ze maachen, ass am neie Polizeireglement - wou mer hoffen, datt mer dat ongefeier fir de Mäerz fäerdeg hunn - , wou mer wëllen draschreiwen, datt mer wëllen esougutt op eise Spillplaze wéi an eise Schoulhäff reglementéiere fir datt ab 22.00 Auer sech kee méi soll drop ophalen. Mat deem Argument kënne mer eiser Polizei och d'Méiglechkeet gi fir anzeschreiden.

D'Afaart gesäit sech elo esou grouss un, mä si muss awer grouss genuch si fir datt och e Pompjeeswon kann erafueren. D'Gelänner bleift awer. Et muss just an d'Rei gesat ginn.

Norbert Pierre (LSAP)

Ech sinn a menge jonke Joeren och do an d'Schoul gaangen an kennen dofir d'Situatioun, och wat d'Gréisst ugeet. Dofir sinn ech nach ëmmer der Meenung, datt zevill Spiller op däer dach klenger Surface vum Haff virgesi sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass esou, wa mer an den Detail duerno ginn, dat och nach eng Kéier mam Léierpersonal wäerten diskutéieren. Mä ech sinn awer der Meenung, datt dat awer schonn duerch den Architektebüro duerchduecht ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

D'Léierpersonal huet och verschidde Spiller gefrot, wou se wëssen, datt d'Kanner sech kënnen an der Paus austoben. Mir wëssen och, datt mer nieft der Schoul eng wonnerschéi Spillplaz hunn, mä d'Kanner dierfen an der Paus net eraus aus dem Schoulhaff. An dofir soll een de Kanner och d'Méiglechkeet schafe fir datt se sech an der Paus op déi eng oder aner Manéier kënnen defouléieren.

Norbert Pierre (LSAP)

U mir soll et net hänken. A wann et emol fäerdeggestallt ass, da gesäit ee jo ob d'Plaz gemaach ginn ass fir d'Kanner oder fir d'Léierpersonal. Well et gëtt ëmmer méi gemaach wat d'Léierpersonal gären hätt. Mä d'Kanner hunn och hir Wënsch.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll nach zum Ofschloss soen, datt - wann d'Detailaarbecht lass geet - si sech och nach eng Kéier mat der Architektin zesummesetzen. Ech sinn awer net der Meenung, datt d'Léierpersonal dat fir sech maachen, well ech ka mer net virstellen, datt si op d'Klunsche ginn. Et ass awer 'en vue' vun de Kanner, wou se dat froen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn elo schonns eng Rei Äntwerte kritt, well ech och der Meenung sinn, datt e Schoulhaff keng Spillplaz soll sinn.

Ech hunn awer nach e puer aner Saachen. Deen ënneschte Préau gëtt elo geännert. Deen aneren, ass deen dann och esou schlecht, datt dee muss geännert ginn? Well dee gëtt u sech net esouvill geännert. A wann ech et richteg aus de Pläng kann erausliesen, ginn d'Kanner net méi dréche wéi ënner deem, dee fir de Moment do ass.

Da wollt ech nach eng Fro zu deem ënneschte Préau stellen. Wa mer deen elo dohinnersetzen, da gëtt deen esou héich, datt mëttes kee Liicht méi an déi Klassesäll erakënnt. Well ab 10 oder 11 Auer steet d'Sonn schonn déi aner Säit. An da fält de Schied op d'Säit vun deene Klassesäll. A wéivill Liicht kréien déi dann nach do eran?

Da gëtt och ëmmer vum Léierpersonal geschwat. Déi sinn awer no 16 Auer net méi do. Wie sécuriséiert dann dee Site? Wat geschitt vu 16 bis 22 Auer do? Mir ginn dann dat nach owes beliichten. Zu der Säit maache mer da mat Fënsteren alles zimlech zou, fir datt dann och nach keen eppes gesäit. Wie sécuriséiert dat ab 16 Auer bis 22 Auer?

Well och mat de Luuchten, esou hu mer am Park Luuchten higesat, déi een anscheinend net méi ka futti schloen. Mä wou sinn se dann? Mir wësse jo alleguerte wat op esou Plaze lass ass. Well just deen Eck vum Préau ass schéin zou a gutt beliicht fir owes.

Da wollt ech nach froen, ob d'Kanner alleguerten um Busarrêt an der rue Moscardo erausklammen oder bleiwen d'Arrêten an der Gendarmerie-Strooss weider bestoen? Wa se an der Gendarmerie-Strooss eran- an erausklammen, da kéint ee virgesi fir Arrêten ze maachen, déi iwwerdeckt wieren, fir datt d'Kanner net esou naass ginn, vu datt se jo esou empfindlech sinn. Net datt e puer Drëpsen un déi kommen an da si se erëm krankgemellt.

Huet e Bureau d'étude eng Analys gemaach fir d'Mauer an der rue Moscardo ofzerappen an erëm opzeriichten?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat d'Luuchte betrëfft fir de Schoulhaff ze beliichten, esou ass et - wann ee mat der Police schwätzt - besser wa méi beliicht ass. Doduerch wiere manner Problemer op deene Plazen. Näischt verhënnert awer, well déi Luuchte loosse sech un an ausschalten, datt se um 17 Auer ausginn. Da wier et just hell wann d'Kanner do sinn. Do si mir awer fräi fir dat ze schalten an ze verwalte wéi mir dat wëllen. Ech sinn awer der Meenung, datt et schlecht ass fir et stackdäischter ze loossen, well dann ass d'Gefor méi grouss wéi wann et hell ass.

Wat de Busarrêt ubelaangt, esou muss ee kucke wéi et an Zukunft geet. Et ass guer net sécher, datt d'Busse weider an der Gendarmerie-Strooss hale bleiwen. Mir hu wëlles - an dat hu mer am Kader vum PAG schonn eng Kéier ugedeit - fir dee ganzen Zentrum ronderëm d'Rodanger Kierch nei ze gestallten. An da kann et och sinn, datt dann de Bus aneschters fiert. Dat ass awer nach Zukunftsmusek. A bis dohinner wäerte mer nach déi zwee, dräi Joer esou fonctionnéiere wéi bis elo.

Bei der Mauer ass et esou, datt eng Étude gemaach ginn ass. Et ass awer net esou, datt déi Mauer ganz ofgerappt gëtt. D'Mauer ass nach an der Rei. Et gi just Ausbesserungsaarbechte gemaach. Zum Beispill ginn d'Fouen alleguerten ausgebessert.

Wat d'Dagesliicht an deene verschiddene Säll ubelaangt, esou ass laut dem Architektebüro Holweck-Bingen drop opgepasst ginn, datt et net ze däischter an deene Säll gëtt.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt dann nach froen - den Här Pierre hat dat jo och scho gefrot - op d'Haaptentrée zu der Strooss mat enger Paart zougemaach gëtt?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Déi Paart, déi elo do ass, bleift bestoen. Si gëtt nëmmen an d'Rei gesat. D'Entrée bleift an der Dimensioun esou wéi se am Moment ass.

Guy Brecht (LSAP):

Ech hat mer e ganze Koup Saachen opgeschriwwen, vun deene schonn eng ganz Rei beäntwert gi sinn. Ech wollt just soen, datt et net einfach ass fir een dee sech net an deem Quartier auskennt, fir op de Pläng eens ze ginn. Esou sinn zum Beispill zwou Stroossen drop, wou keen Numm agedroen ass, an zwar ass dat d'rue Jos. Moscardo an d'rue de la Gendarmerie. Dat ass awer nëmmen eng Detailsaach.

Wou ech mer awer méi Gedanke maachen, ass - wann ech mer déi Maquette hei ukucken - datt nach just plakeg Mauere bleiwen. Do hate mer virdru Clôturen drop, op deene Maueren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech hat dem Här Pierre dat scho gesot, datt d'Gelännere géife bleiwen. Déi sinn op der Maquette elo net mat drop, mä déi bleiwen awer.

Guy Brecht (LSAP):

Dann ass et gutt. Well déi Gelännere sinn näämlech onheemlech wichteg. Net datt ee vun der Mauer an de Schoulhaff géif falen.

Wéi der wësst - an d'Madame Conter hat dat och bei der Budgetspresentatioun gesot - ass de Vandalismus nach ni esou grouss gewiescht wéi de Moment. Et muss een do natierlech och en Aen drop geheien.

Den Här Pierre huet och vun engem 'double emploi' geschwat mat däer Spillplaz, déi mer nieft der Schoul hunn. Mä ech krut elo gesot, datt d'Kanner während der Paus de Schoulhaff net dierfe verloossen. Ech hat awer geduecht, datt dat mat enger Surveillance trotzdem méiglech wier.

Esou wéi ech dat gesinn, kënnt e bëssen eng indirekt Beliichtung an de Schoulhaff. Well et gëtt vum Buedem aus beliicht. Si mer dann do conforme mat eisem Plan de sécurité, deen awer seet, datt esou Plaze miissten anstänneg beliicht ginn? Dat si jo awer Plaze wou d'Gefor besteet, datt Vandalismus ka geschéien oder wou sech Gruppen oder Banden treffen. Ech brauch do jo net an den Detail ze goen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Deen ee vun iech seet, et miisst däischter sinn. Iech ass et elo net hell genuch. Et ass awer schwéier mat iech elo eens ze ginn. Dir musst iech awer elo an der LSAP-Fraktioun eens ginn, ob der et elo hell oder däischter wëllt. Mir maachen et hell a mir maachen et och zu deene Stonnen hell wou mer mengen, datt et Sënn mécht.

Guy Brecht (LSAP):

Wa mer nom Plan de sécurité kucken, dann hu mer eis do ausgeschwat, datt et muss hell sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Voilà, a mir maachen et hell.

Guy Brecht (LSAP):

Wien huet dann elo gesot, datt et soll däischter sinn?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ma den Här Linden huet gesot, datt mer owes alles géife beliichten.

Ech wëll awer och net hei am Raum stoe loossen, datt hei zu Péiteng méi Vandalismus wier wéi an anere Gemengen. Well et ass generell an alle Gemenge wou de Problem vum

Vandalismus zouhëlt. Mir hu Vandalismus an der Gemeng a mir hunn es och méi wéi an de Joere virdrun. Mä et muss een awer och soen, datt et e Phenomen ass, deen a ganz Lëtzebuerg, op jiddwerfalls am ganze Süden ze bemierken ass. Wéi gesot, hei zu Péiteng ass net méi an net manner Vandalismus wéi an den Nopeschgemengen.

Guy Brecht (LSAP):

Ech géif zum Schluss nach dem Architektebüro un d'Häerz leeë fir - wa mer scho Maquettë kréien - déi awer och e bësse méi detailléiert ze maachen. Well do sinn der dobäi, mat deenen ee guer näischt kann ufänken.

Carlo Gira (CSV):

Ech war den Dossier kucken, an do louche méi grouss Pläng dran. Do sinn d'Detailer vläicht besser dorauser ervirgaangen. Ech sinn op jiddefall zimlech eens gi mat deem, wat ech do gesinn hunn. Ech begréissen, datt déi ganz Saach mat LED-Luuchte beliicht gëtt. Mat LED kënne mer et relativ hell maachen an et ass och nach vill manner Energie, déi domatter duerch d'Päif geet.

Déi Spillplaz, ass déi elo just fir d'Schoul oder ass et och méiglech, datt Kanner ausserhalb vun der Schoulzäit do kënne spillen?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ausserhalb vun der Schoulzäit ass de Schoulhaff jo net zougespaart. Et si jo ëmmer nach Aktivitéiten, déi do stattfannen. Wann elo eng Mamm mengt, datt se muss mat hirem Kand dohinnergoen, da ka se dat maachen. Ech weess awer net, ob et soll méi attraktiv si wéi déi aner Spillplaz niewendrun. Déi heite Spillplaz gëtt jo haaptsächlech gemaach fir d'Schoulkanner. Mä et kann ee kengem verbidden an de Schoulhaff ze goen. Soss musse mer e Verbuet maachen, datt ausserhalb de Schoulzäite guer kee méi dierf am Schoulhaff sinn. Esou wäit wëlle mer awer net goen.

Carlo Gira (CSV):

Ech sinn och net dofir, well wa mer scho Saache schafen, wat jo e gewëssene Präis huet, da solle mer kucken, datt se esouvill wéi méiglech kënne genotzt ginn.

Mat deene Saachen, déi am Schoulhaff opgeriicht ginn, kann een awer verschidde Manifestatiounen net méi do ofhalen. Ech denken do zum Beispill un d'Schoulfest vun der Elterevereenegung.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dofir kënne mer jo awer elo vun der Plaz bei der Sportshal profitéieren. Do hu mer jo nach eng grouss Plaz, op däer ee kann e flott Fest ofhalen.

Carlo Gira (CSV):

Ech sinn och éischter dofir - an dat gouf jo och scho gesot - datt d'Kanner sech mat verschiddene Spiller kënnen austoben. Et si jo och verschidde Saache geschafe gi fir datt d'Kanner sech kënne sëtzen. Mä si kënnen awer och op deene Beem do spillen, an ech begréissen, datt déi Saache relative flexibel kënne benotzt ginn.

Dann hätt ech nach eng Fro zu de Préauen. Mir hu schonn eng Rei Préaue gebaut, ënner deenen een awer net ganz dréchen ënnendrënner ass. Hu mer bei deem heiten - dee jo relativ grouss ass - dann d'Gewëssheet, datt sech d'Kanner dréche kënnen drënner ophalen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hoffen och, datt dat de Fall ass. D'Architekte wäerte schonn drop opgepasst hunn.

John Polfer (CSV):

Verschidde Kollegen aus dem Gemengerot hu jo Bedenken zur Sécherheet gehat.

Ech fannen dat Geflechts mat deene Weide ganz flott. Mä do hunn ech och meng Bedenken, datt moies eng Botzéquipe muss dohinner geschéckt ginn, well duerch déi, déi sech owes do ophalen a sech an deenen Haisercher verstoppen, kann et sinn, datt mer Problemer kréien.

Dann ass och gesot ginn, datt de Vandalismus am ganze Land zougeholl huet. Mä mir hunn haut och keng Leit méi, déi sanktionéieren. Mir kënnen esouvill Reglementer maache wéi mer wëllen. Schëlter dohinnersetzen, datt no 10 Auer owes kee méi dierf do sinn. Wa mir keen hunn, dee Sanktioune mécht, da bréngt dat alles guer näischt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Am Fong geholl hutt der Recht domatter. Mir hu nach virun e puer Deeg dowéinst eng op den Deckel krut, well dat Gesetz iwwer déi 'agents municipaux', déi dat solle maachen, vum Statsrot fir de Moment mat 6 Oppositions formelles belaascht ginn ass. Esou datt elo schonn d'Iddi doruechter circuléiert fir et vum Dësch ze huelen. An do hunn ech de Mueren nach vum Här Paul Helminger héieren, an do ginn ech him Recht, datt do mussen aner Alternative kommen. Et kann net sinn, datt mer dat eent net maachen an dann duerno näischt hunn. Well et besti Problemer an déi Problemer musse sanktionéiert ginn. An de Moment ass eis Polizei - aus watfir Ursaachen och ëmmer - net 'en mesure' fir dat ze maachen. An da muss een der Polizei d'Méiglechkeete gi fir dat ze maachen oder mer mussen eng aner Struktur schafen. Ech hätt och léiwer wann d'Polizei dat géif selwer maachen a mer géife keng zweet Struktur schafen. Mä da muss dat awer och geschéie well mer soss déi Problemer ni an de Grëff kréien.

Romain Rosenfeld (CSV)

Mir schwätze vum Vandalismus, mä mir schafe mat deene Saachen, déi mer hei opriichten, erëm eng Attraktivitéit weider fir de Vandalismus ze provozéieren. An der Zäit war net vill Vandalismus am Schoulhaff méiglech, well nëmme Makadam an eng Mauer do war.

Wat mech awer hei wonnert ass, datt esouvill Leit hei an der Ronn elo geschwat hunn, mä keen huet iwwer de Präis geschwat. Ech fannen, datt fir déi dach kuerz Zäit - well et si jo haaptsächlech nëmmen d'Schoulpausen - während däer dës Saache genotzt ginn, et dach e stolze Präis ass, dee mer heifir bezuelen. Ech wonnere mech, datt d'Oppositioun heizou och näischt gesot huet.

A mengen Aen ass et eng gutt Saach, wann et respektéiert gëtt, mä e stolze Präis fir déi 8 mol eng Véierelstonn pro Schoulwoch, déi et genotzt gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss een awer kloer soen, datt et net nëmme geduecht ass fir an de Schoulpausen. Hei ass eng Méiglechkeet weider fir eis Schoulkanner, fir zum Beispill op däer dote Plaz Fussball oder Basket ze spillen, fir sech dënschdes oder donneschdes Mëttes ze defouléieren, fir no der Schoul sech do ze teffen. Mir hunn net allzevill Plazen an der Gemeng wou sech d'Schoulkanner ausserhalb vun der Schoulzäit kënnen ophalen.

Fréier si mir als Kanner op den Tëtelbierg gaangen an hunn do e ganze Mëtte verbruecht. Mir sinn och op Plaze gaange wou mer guer näischt verluer haten. Déi Zäit ware Galerien do, déi di Jonk ugezunn hunn. Haut gi keng Kanner méi dohinner. Haut mussen d'Kanner an eisen Dierfer bleiwen, well d'Elteren - aus watfir engem Grond och ëmmer an och vläicht zurecht - awer e bëssen Angscht hu fir hir Kanner ze wäit fortgoen ze loossen. An da musse mer an eisen Agglomeratioune Plaze schafe fir deene Kanner eng Méiglech-

keet ze gi fir Aktivitéiten ze maachen an fir datt se sech net nëmme virun der Tëlee ophalen.

Hei hu mer och niewendrun eng Crèche an eng Maison relais. An och déi si frou wa se Auswäichméiglechkeeten hunn a wou se mat hire Kanner kënne goen an net mat engem Bus wéi wäit musse fueren.

Dofir sinn ech der Meenung, datt déi Struktur - grad op dëser Plaz - vun Notzen ass. An ech gräifen elo schonn e bësse vir. Mir wäerten och - dat wäert 2011 wahrscheinlech de Fall sinn - den Haff vun der Spillplaz aménagéieren. Domatter hätte mer dann eng flott Struktur ronderëm, déi sécherlech säi Präis huet. Mä et ass awer och eng relativ grouss Fläch. An am Präis mécht e groussen Deel den Ënnerbau aus. An deen hätt souwisou miisste frësch gemaach gi well den ablécklechen Tarmac gesäit jo schrecklech aus. A wann een den Devis e bëssen am Detail kuckt, da maachen d'Spiller nëmmen e klengen Deel dovunner aus.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech wëll nach bäiflécken, datt een e Schoulhaff jo net nëmme fir ee Joer mécht. E Schoulhaff mécht ee fir op mannst 2 Generatiounen. Mir dierfen och net vergiessen, datt Rodange bei eis an der Gemeng déi Uertschaft ass, déi sech am schnellste vergréissert huet wat d'Persounenzuel ubelaangt. Do sinn nach ganz vill Bauten a Citéen am Kommen a mer mussen dowéinst e bëssen an d'Zukunft kucken. Net datt mer a 5 oder 6 Joer soen "Hätte mer et nëmmen aneschters gemaach!" Elo musse mer de Grondsteen leeë fir datt mer fir déi nächst Joeren eppes Flottes an eppes Gréisseres fir eis Kanner hunn.

Norbert Pierre (LSAP)

Als Oppositioun wëll ech dem Här Rosenfeld soen, datt mer eis och Gedanken iwwer déi ganz Struktur gemaach hunn. Mir wëssen och, datt et e gewëssene Präis huet, mä mir sinn eise Kanner awer och eppes schëlleg. Wa mer scho wëllen, datt Kanner eppes hunn, dann ass et héich Zäit, datt dee Schoulhaff deenen heitege Begebenheeten ugepasst gëtt. Well fréier hate mer guer näischt do. A mer hätten och elo net den Här Rosenfeld gebraucht fir eis ze soen, datt mer sollte soen, datt et ze deier wier.

Approbation à l'unanimité.

6.2.

Enseignement.

Construction d'un nouvel auvent à l'Ecole Neiwiss à Rodange – approbation du projet définitif et vote d'un crédit spécial.

Le coût total de ce projet s'élèvera à 226.560 €. Dans ce prix sont inclus e.a. les fondations en béton armé, la construction primaire en bois massif lamellé collé, le vitrage sécurisé teinté, le garde corps ainsi que les luminaires encastrés dans le plafond du préau et auvent.

Approbation à l'unanimité.

7.

Prévisions sociales.

Aide aux sinistrés – subvention au profit des victimes des tremblements de terre en Haïti – décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Hei geet et ëm d'Äerdbiewen op Haïti. Et ass net déi éischte Kéier, datt eis Gemeng eng Subventioun fir Haïti gëtt. Ech wollt drun erënneren, et ass elo e gutt Joer hier – Enn 2008 –, datt mer hei entscheet hu fir d'ONG „Objectif Tiers Monde" eng Subventioun iwwer 15.000 Euro zoukommen ze loossen. An dat fir en Hëllefsprojet op Haïti. An zwar war dat deemools drëm gaangen, 1.500 Familljen an 1.400 Schüler aus de Bidonvillen eemol am Dag eng waarm Molzecht ze ginn. Haïti ass bekannt, datt se net vu Stierm an Äerdbiewe verschount bleiwen. Dës Kéier war et den 12. Januar 2010 um 15 Auer hirer Zäit, datt si déi schlëmmste Katastrof zënter deene leschten 200 Joer erlieft hunn. Haaptsächlech am Weste vun Haïti an och an Zentrum. D'Situatioun ass esou katastrofal, datt mat bis zu 200.000 Doudege gerechent muss ginn. Eppes iwwer 100.000 Läiche goufe scho fonnt, déi aner leien och nach 13 Deeg no der Katastrof ënner de Gebaier, déi zesummegefall sinn. D'Detailer vun dësem Desaster ginn all Dag an der ganzer Welt verbreet, an d'Hëllefsaktioune lafen op vollen Touren.

D'Péitenger Gemeng huet bei esou Katastrofen nach ëmmer eestëmmeg hiren Accord gi fir eng finanziell Ënnerstëtzung. Mer hunn am Budget 2010 am Artikel „Aide aux sinistrés" 10.000 Euro virgesinn. Dovunner wollte mer iech virschloen, 2.500 Euro als Subventioun un d'Caritas Lëtzebuerg z'iwwerweisen, an dat mat der Mentioun „Äerdbiewen Haïti 2010".

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hunn näischt géint de Prinzip, datt mer dat maachen, a fannen et och selbstverständlech, datt mer als Gemeng do mussen intervenéieren. Mee ech wollt just froen, firwat mer eis op de Kont vun der Caritas gëeenegt hunn, well zu Lëtzebuerg 6 oder 7 Konte publizéiert goufen, wou ee kann drop iwwerweisen. Wat war d'Motiv fir datt de Schäfferot grad de Kont vun der Caritas erausgewielt huet?

Gilbert Welter, Schäffen:

Mer fueren normalerweis „à tour de rôle", a fir d'lescht war d'Rout Kräiz, dat och ganz aktiv doënnen ass, derbäi. Well d'Rout Kräiz eréischt un der Rei war bei eis, a fir datt mer net ëmmer deene selwechten ONGe Sue fir Hëllefsaktiounen iwwerweisen, hu mer gemengt, mer sollten dës Kéier d'Caritas huelen.

Guy Brecht (LSAP):

Mer wëssen alleguer, datt Haïti eent vun den äermste Länner op der Welt ass. Dat war och scho virum Äerdbiewen esou. Mer wëssen och, datt eng schro Diktatur an deem Land herrscht, an dofir si mer averstanen. Awer just ënner der Bedingung, datt déi Suen och bei de Leit ukommen, déi se am dréngenste brauchen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also dovunner gi mer aus, well mer déi Organisatioun jo awer kennen.

Accord à l'unanimité.

8.

Questions des conseillers communaux.

Romain Becker (Déi Gréng):

Fir datt de Verkéier weider fléisst gi mir als Gemeng Salz op eis Stroossen a Weeër streeën. Am gréissten Deel vun Däitschland ass Streesalz aus ökologeschen Ursaache verbueden, esou wuel fir d'Stied selwer wéi och fir d'Privatleit.

Et wier begréissenswäert, d'Streesalz ganz ofzeschafen, well et ass bekannt, datt dëst net immens ökologesch ass well et den Nährstoffhaushalt veränndert an doduerch d'Planzen an d'Beem keng Nährstoffer méi kënnen ophuelen. Am Summer, wann d'Blieder sech brong fierwen an d'Beem ausgesinn ewéi verdréchent, gesi mer d'Konsequenze vum Streesalz. Ausserdeem ginn d'Beem méi ufälleg fir Infektiounen duerch Bakterien a Pilzen. Fir d'Déieren ass et besonnesch schlëmm, well hir

Tatze sech entzünden. D'Streesalz gelaangt natierlech an d'Grondwaasser a riskéiert doduerch de PH-Wäert ze erhéijen. De Gros vun de Korrosiounsschied un den Autoen ass op d'Salz zeréckzeféieren an natierlech schuet et och de Gebaier, dem Stroossebelag an de Placken um Trëttoir. Schied ginn et och bei eise Schung a Kleeder. Ausserdem wier Sand oder Kräsi fir d'Gemeng vill méi bëlleg am Akaf wéi Streesalz.

Ech hunn haut an enger franséischer Zeitung ënner dem Titel „Retour à la nature" en Artikel iwwer eisen zukënftegen Naturgaart an seng Epicerie gelies, deen aus engem Interview mat eisem Buergermeeschter ervirgeet a wou steet: „...la commune souhaite valoriser le retour à un contact plus étroit avec la nature". Ma genee an deem Zesummenhang kéinte mer op eis opmierksam maachen an ëffentlech weisen, datt mer als Gemeng Péiteng aus all deenen uewe genannten Argumenter op Streesalz verzichten.

Kéinte mer als Gemeng Péiteng op de Wee goe fir op Streesalz ze verzichten an op Sand a Kräsi, also stompeg Streemëttel, auszewäichen an des Weideren och alleguer eis Awunner iwwer d'Nodeeler vum Streesalz an d'Virdeeler vun alternativ Streemëttel informéieren? Oder anescht ausgedréckt: Kommt mer maachen dat a verzichten op Streesalz.

Wësst dir, wéivill Salz mer bis elo an dësem Wanter als Gemeng op eise Weeër a Stroosse gehäit hunn?

Roland Breyer, Schäffen:

Merci fir déi Ureegung Här Becker. Et muss een awer elo emol kucken, well déi Diskussioun do hate mer scho virun 15 Joer hei am Gemengerot. Do war äre Virgänger, den Här Campagna, hei. An do hu mer och eng Kéier gefollegt. Ech wëll iech elo just emol d'Resultat vun deemools soen, wann een dat haut géif probéieren. An däer zitéiert jo och franséisch an däitsch Zeitungen, an ech kann iech dann och déi selwecht Saachen zitéieren.

Deemools hu mer de Virschlag befollegt, well et war jo ëmmer esou, datt d'Salz als groussen Däiwel dohinner gestallt ginn ass, datt d'Beem géife futti goen, an esou weider an et géifen och e ganze Koup Schied derbäi kommen. Do si mer higaangen a mer hu mat Kräsi an aner Saachen eis Stroosse gestreet. E Salzgehalt war nach ëmmer dran, mee nëmme mat 15% vun deem Ganzen.

Wat war d'Resultat? Amplaz eng Kéier duerch eis Stroossen ze fuere si mer 6 Mol gefuer, well dat Streematerial huet de Frascht an d'Glatäis net ewechgeholl. Et ass just op d'Säit gehäit gi vun den Autoen. Et ass an d'Gagulle gefall – an do kommen ech nach drop zeréck. Et huet ee missen negativ Saachen a Kaf huelen. D'Siphone si verstoppt ginn an d'Kanäl waren och verstoppt. Duerno huet mussen alles eidel gemaach ginn, an dat war problematesche Sondermüll, deen och nach extra Sue kascht huet. Mer hunn hei an eiser Géigend de Phenomen, datt, wann et schneit, d'Temperaturen och meeschtens ëm null Grad leien. Et fréiert dobäi, an dat Streematerial bréngt net déi Resultater, déi mer gären hätten. Eis Stroosse sinn nach ëmmer glat, a mer kënnen se just mat Salz propper maachen. Mer hunn als Gemeng eng Responsabilitéit. Mer si verantwortlech fir datt d'Stroossen an engem Zoustand sinn, wou se kënne befuer ginn. An och datt d'Weeër, wou d'Leit trëppelen, an der Rei sinn, well mer hätte jo gären, datt eise Bierger dat mécht. An op däer aner Säit gi mer dann och nach hin a mer soen eisen Assurance wann eppes geschitt ass. Déi refuséieren, wa mer eise Flichten net nokomm sinn. Mee mär halen eis zënter deene Joeren un d'Recommandatioune vu Ponts et Chaussées, wou eng kompetent Equipe beréit wat de Streedéngscht am Wanter ubelaangt.

Wat hu mer dëst Joer verbraucht? 150 Tonne Salz am oppenen Zoustand an 12 Tonnen an Tuten. Dee gesamte Käschtepunkt beleeft sech op 18.500 Euro. Wa mer elo higaange wieren a mer hätte Streematerial geholl, wat 50% méi bëlleg ass, dann hätte mer wéinstens miissten zweemol oder dräimol, wann net esou guer véiermol, streeë goe fir d'Äis e bësse lass ze ginn. D'Entsuergungskäschten hätte mer da wéi am Joer 2000, wou dat gemaach gouf. D'Siphonen hu misste gebotzt gi fir 15.100 Euro, d'Streematerial huet misse fir 35.000 Euro entsuergt ginn, dat wieren iwwer 50.000 Euro gewiescht. Des Weidere wieren och vill Siphonen zou, a bei Reen, wann de Schnéi an d'Äis schmëlzen, géifen da vill Kelleren iwwerschwemmt ginn.

An d'Eboueusë kënne souwisou net erausfuere wann et ënner Null. Et muss gewaart gi bis bis 4 Grad iwwer Null, esou datt mer déi Aarbechte guer net hätte kéinte maachen an nach zousätzlech Schied hätten.

Ech hunn och eng däitsch Zeitung hei, eng aner wéi dir. Do steet grouss „...doch weiß man auch, dass Streusalz die zahlreichen Alleebäume nicht gleich umbringt, dass aber schlecht gestreute Straßen tödliche Unfälle begünstigen". An da steet och nach e groussen Titel hei „Die Umweltbilanz von Splitt und Granulat ist miserabel". Do steet och ganz kloer derbäi „...kurz, die Ökobilanz der scheinbar umweltfreundlichen Streualternativen ist miserabel". Dat stoung bei www.zeit.de, déi ginn ech och ganz gäre weider. An do steet och ganz kloer dran, datt et net esou ass, wéi där elo gesot hutt. An Däitschland sinn se just amgaangen, erëm ze kommen dovunner. Dofir „...in Nordrhein-Westfalen ist das private Salzen abschüssiger Wege wieder erlaubt", an dat nieft deem, wat d'Gemeng mécht. „Und Hannover hob das Salzverbot kürzlich wegen der akuten Glättegefahr ganz auf. ... Ein pragmatisch praktischer Umgang mit winterlichen Niederschlagserscheinungen wäre ohnehin oft ökologisch wie ökonomisch sinnvoller als das bürokratische Verwirrspiel". An och zu Berlin si se amgaang, dovunner zeréck ze kommen. Fazit: mär bleiwen derbäi, datt d'Sécherheet vun de Bierger eis méi wichteg ass wéi vläicht déi kleng corollaire Schied. An zwar well et och guer net bewisen ass. Dee Splitt an alles bréngt nach vill Nieweschied mat sech, wat nees eng Kéier vill méi deier gëtt am grousse Ganzen, a well et och net bewisen ass, datt et besser ass. Dat wollt ech iech zu deene Saache soen. Ech ginn iech och gären deen Artikel weider.

Romain Becker (Déi Gréng):

Okay, esou huet dat jidderee seng Sourcen. Ech hunn hei eng Lëscht mam Stand vum 17. Dezember 2009, wou 59 däitsch Stied dropsti wou et verbueden ass Streesalz ze gebrauchen – dorënner och Berlin, Freiburg, Karlsruhe, Hamburg, asw. – an alleguer déi, déi dir elo opgezielt hutt, déi stinn och hei op däer Lëscht. Do steet dann natierlech dran, datt bei Gefäll vun esou vill Prozent mat Salz däerf op de Stroosse gestreet ginn, a fir de Rescht mat Sand oder Kräsi. Splitt hunn ech bewosst net opgezielt, well ech hu jo och Recherche gemaach. Ech hunn a menger Fro vu Sand a Kräsi als stompeg Streemëttele geschriwwen. Splitt, dat schreiwen se näämlech och a menge Quellen, ass net gëeegent. Et soll Kräsi oder Sand sinn. Des Weidere géif et éischter wierken ewéi den 19. Dezember, wou mer bis -19 Grad dobaussen haten. Wann d'Salz do gestreet ass, dann ass et zwou Stonnen drop nees drop gefruer, wat awer och liewensgeféierlech ass. Wann een do awer eppes Graffes drop gehäit hätt, da wier et net esou geféierlech, wéi wann de Schnéi entdeet an dann nees zoufréiert.

Da kéim ech elo zu menger zweeter Fro. Et ass mer lo schonn e puer Mol

opgefall, datt um Busarrêt an der Athuser Strooss Autoe stoe bleiwen an Tuten an d'Dreckskëschten, déi do um Poteau montéiert sinn, geheien. Wéi ech dëslescht ee vun deene Schlauien drop ugeschwat hunn, wat hien do géif maachen, huet dee ganz aggressiv reagéiert a gemengt, ech sollt mech ëm meng Saache këmmeren. Ech wollt iech froen, ob et net awer besser wier, och do däer moderner Këschten ze hänke mat nëmmen eng Schlitz amplaz vun deenen alen, déi uewe ganz op sinn. A weider wollt ech an deem Sënn froe fir alleguer déi al oppe Këschten duerch d'ganz Gemeng duerch däer neier auszetauschen. Dat géif vläicht awer e bëssen hëllefen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Här Becker, de Problem ass nach vill méi grouss wéi déi Dreckskëscht, déi op der Athuser Strooss steet. Mer hunn haut ganz vill Problemer mat alleguer deenen, déi hiren Dreck net bei sech halen, mee deenen anere Leit en zouschousteren. Dat geet vun däer klenger Dreckskëscht, déi do um Arrêt ass op der Athuser Strooss bis bei d'Opfahrte vun den Autobunnen, wou regelméisseg Säck mat Dreck leien a wou mer och Messagë kréien. A mer kréien däer ganz vill eran, déi mer da viruginn un d'Ponts et Chaussées. Wou mer och ganz vill Problemer hunn, dat ass zu Rodange tëscht de Benzinsstatiounen, wou och fräien Terrain ass a wou regelméisseg muss gebotzt ginn. De Problem ass grouss. An et ass och haut gesot ginn datt, wann net sanktionéiert ka ginn, dann ass et ganz schwéier fir dat do an de Grëff ze kréien.

Et ass awer esou – an dat hunn ech nofroe gelooss -, datt mer 150 däer Dreckskëschten hunn. Déi sinn haaptsächlech op den Arrêten ugemaach respektiv op de Spillplazen an am Zoning zu Péiteng laanscht d'Collectrice. D'lescht Joer hu mer 30 Këschten ersat, d.h. dat sinn der elauter mat engem Deckel drop a mat engem Säiteschlitz, esou datt ee keng Tute méi kann dra geheien. Déi Aktioun geet weider. Och dëst Joer ginn nees eng ganz Rei ersat. Allerdéngs sinn ech e bëssen dépriméiert, well d'Schlaumeiere bréngen et dann nach fäerdeg, hir Dreckstuten einfach nieft d'Dreckskëscht ze stellen. Dat heescht, se kréien se net méi an d'Dreckskëscht, mee se stellen se einfach dernieft. Et ass also ganz schwéier, dee Problem an de Grëff ze kréien, mee mer versichen awer wéinstens, an Zukunft an engem gewësse Rhythmus all déi Dreckskëschten ze ersetzen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass mer bewosst, datt dat hei näischt Weltbewegendes ass, mee et soll awer eng Ureegung si fir deem e bëssen entgéint ze wierken an deenen et net zevill einfach ze maachen. Natierlech, dat allereinfachst ass, wa se alles einfach laanscht d'Collectrice geheien. Mee wa mer awer schonn Dreckskëschten ophänken, da sollen et der och ginn, wou et bësse méi komplizéiert ass fir säin Dreck lass ze ginn.

Roger Klein (LSAP):

Ech wollt a menger Fro opmierksam maachen op e Sécherheetsproblem fir d'Foussgänger op däer Plaz, déi mer déi al Lëtzebuerger Strooss nennen. A fir genee ze sinn, d'Streck tëscht dem Haus 89 an der Neoapostolescher Kierch. Do ass vill méi Foussgängerverkéier zanter datt den Halt vun der CFL zu Rolleng op ass. A wann d'Leit vu Lamadelaine komme fir den Zuch ze huelen oder wa se vum Zuch kommen an op Lamadelaine ginn, dann hu se nëmmen ee Foussgängeriwwerwee, an zwar beim Haus 89. Soss ass op däer ganzer Streck keen. An op däer aner Säit, do wou d'Gleiser sinn, ass den Trëttoir net existent. Dat heescht, e besteet vun e bëssen no der Neoapostolescher Kierch bis bei d'Haus 75, an dann ass en entweder ganz ewech gefall wéinst den Emplacementer vun den Autoen, oder en ass esou schmuel a schlecht, datt een en net huele kann. Wann ech also vum Zuch kommen a no riets wëll goen, dann hunn ech keen Trëttoir an ech muss iwwer d'Strooss goen. A wann ech no lénks wëll goen a Richtung Neoapostolesch Kierch, dann hunn ech och keen Trëttoir, deen ech ka benotzen. Dofir meng Fro. Wier et net méiglech an enger éischter Phas en zweeten oder drëtte Foussgängeriwwerwee ze zeechnen? Am beschten zu der Säit vun der Neoapostolescher Kierch an der rue du Moulin hin. Awer och do, wou d'Leit aus der Gare erauskommen, esou datt se direkt déi aner Säit kéinte goe wou jo och en Trëttoir ass. An enger zweeter Phas wier et sécher och wënschenswäert, wann een zu der Säit, wou d'Gare ass, den Trëttoir esou an d'Rei kéint maachen, datt een do goe kann.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech mengen, datt dee Virschlag, weider Foussgängeriwwerweeër ze maachen, ouni Weideres ze realiséieren ass. Mer wäerten dat elo Mëtt Februar an der Verkéierskommissioun kucken an dann an déi generell Modifikatioun vun eisem Reglement mat eran huelen. Der hutt Recht, datt do d'Situatioun anescht ass wéi se war. Mer hunn nach Fluchopnahme vun 1999, wou nach Trëttoir bis ënne bei déi Neoapostolesch Kierch war. A wéi déi nei Gare opgeriicht gouf vun der CFL, do ass nëmmen deen éischten Deel gemaach ginn, also bis bei de Rodighiero. Et geet och néierens aus deene Konventiounen, déi mer mat hinnen hunn, eraus, datt si den Trëttoir miisste maachen. Dat eenzegt wat mär kënne soen, dat ass, datt se hir Hecke solle schneiden. A mer sollte souwisou mat hinne kucken, op een do net am éischten Deel bis un de Rodighiero erun, den Aménagement aneschters kéint maachen, esou datt een do nach Autoe kéint erastellen. Do ass eng relativ grouss Plaz. Wa mer déi e bësse géifen aménagéieren, an da kéint een en Trëttoir virdru maachen. Do ass also nach Diskussiounsbedarf mat der CFL fir ze kucken, ween do wat mécht. Bei all Garen hu mer näämlech mat hinnen zesummen de Parking aménagéiert, an hei ass och eng Entrevue noutwenneg fir dat kloer ze stellen. Mee an der Tëschenzäit ass et kee Problem fir déi zwee Foussgängeriwwerweeër emol an d'Aen ze faassen.

Séance publique du 1er mars 2010

Durée de la séance: *9.30 à 11.25 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
John Polfer, conseiller (CSV)	
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
	Albert Muller, conseiller (LSAP)
	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance publique

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale:
   - 2.1. Titres de recettes - approbation.
   - 2.2. « Pacte Logement »: inscription de la contribution financière de l'Etat dans le budget de l'exercice 2010 et vote d'un crédit spécial - décisions.
   - 2.3. Reprofilage et renouvellement de la couche de roulement de diverses rues - approbation du décompte.
3. Ordre public: autorisation pour une collecte à domicile dans la commune - décision.
4. Propriétés:
   - 4.1. Contrat de bail avec Mme Raymonde LICHTFUS-PESCHON pour la location d'une bande de terrain à Rodange, lieu-dit « chemin de Brouck » - approbation.
   - 4.2. Convention avec la société IMMOBILIERE RONNWISS INVEST portant sur la location d'une bande de terrain à Rodange, lieu-dit « Ronnwiss » - approbation.
   - 4.3. Convention avec la société ATRIUM PROMOTIONS pour la réalisation d'un lotissement de 5 maisons unifamiliales à Rodange, chemin de Brouck - approbation.
   - 4.4. Cession d'une emprise et d'une contre-emprise à Rodange, lieu-dit « rue Michel Rodange » - approbation du compromis.
   - 4.5. Acquisition de terrains à Rodange, lieu-dit « Au Doihl » - approbation du compromis.
   - 4.6. Cimetières: vente de concessions de sépultures et de columbariums au 2e semestre 2009 - approbation.
5. Enseignement:
   - 5.1. Organisation d'après-midis de loisirs « Vakanzaktioun » - décision de principe.
6. Prévisions sociales:
   - 6.1. Office Social: convention avec le Ministère de la Famille et de l'Intégration concernant le fonctionnement du Service Régional d'Action Sociale à Pétange pendant l'exercice 2010 - avis.
   - 6.2. Maisons Relais pour Enfants: convention de financement conclue avec l'Etat pour l'exercice 2010 - approbation.
   - 6.3. Acquisition de deux camionnettes pour le service repas sur roues - adaptation des crédits budgétaires - décision.
7. Transports et communications:
   - 7.1. Renouvellement des infrastructures dans la rue de la Montagne à Lamadelaine - décision de principe et vote d'un devis.
   - 7.2. Règlements temporaires de la circulation routière - décisions.
8. Vie associative:
   - 8.1. « Amicale des Anciens Princes et Princesses de la Cavalcade de Pétange » - admission sur la liste des associations à subventionner - décision.

8.2. « Majorettes Rodange/Lamadelaine » - modification des statuts.
8.3. Convention avec le « Velo Club Esch » portant sur le départ de la dernière étape de la 'Flèche du Sud' à Pétange - approbation.

9. Questions des conseillers communaux.

Séance à huis clos

10. Personnel:
10.1. Promotions de deux fonctionnaires - décisions.
10.2. Nomination d'un aide-éducateur (m/f) à temps partiel et à durée déterminée - décision.
10.3. Résiliation d'un contrat de travail au service « aide aux devoirs à domicile ».

COMPTE RENDU

1.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech hätt eng Kommunikatioun zum nationale Keelenzentrum ze maachen. Mir hunn do eng Neiegkeet, déi vläicht manner gutt ass, mä wou mer iech awer elo scho wollten eng Informatioun ginn. An zwar hu mer déi éischt Soumissioun iwwer den Daach gemaach, an déi ass präislech e ganzt Stéck méi héich ausgefall wéi vun eis erwaart a wéi et virgerechent gi war. Deelweis - nodeems datt mer nogefrot haten - ass dat duerch d'Sécherheet, déi muss garantéiert ginn. Mir fäerten deemno och, datt bei deenen nächste Soumissiounen nach déi eng oder aner Präiserhéijung méiglech ass.

Am Hierscht wäerte mer dem Gemengerot en aktualiséierten Devis virleeën, wat dee ganze Projet ugeet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wichteg ass och nach fir ze soen, datt mer mam Sportsministère am Gespréich si fir ze kucken, a wéi fern si bereet si fir sech un deene supplementare Käschten ze bedeelegen. Mir waarden deemno op eng Informatioun vu säitens dem Ministère.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass net Usus, datt bei den Informatioune vum Schäfferot de Gemengeconseiller d'Wuert ergräift. Mä ech mengen, dir hutt zwou Informatioune vergiess, déi der och kéint un de Gemengerot weiderginn.

Wa mer direkt beim Här Welter wëlle bleiwen, esou hunn ech eng Fro zu der Ëmwelt. Ech hunn an enger lëtzebuerger Zeitung en Artikel gelies mam Titel "Des produits toxiques en transit". Do steet am Artikel "Le conseil communal devra d'ailleurs prendre position lors de la prochaine réunion prévue en début du mois de mars".

Ech huelen un, datt dat déi Sëtzung vun haut ass, an do wäre mir als Gemengerot frou, wa mer vum Schäfferot weider Informatioune géife kréie wéi dat mat deem Dossier weider geet a wat eis Gemeng wëll an deem Dossier ënnerhuelen. Well mer wëssen alleguerten, datt déi 'déchets toxiques', déi 2.200 Tonnen déi weider zu Messancy stockéiert ginn, vun enger Firma kommen déi an eiser Gemeng implantéiert ass, an zwar vun der Catalyst Recovery. Kann de Schäfferot eis heizou Informatioune ginn, wéi et an deem Dossier weidergeet?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech kann emol virausschécken, datt d'Zeitung dat net richteg esou erëmginn huet wéi ech dat an deem Interview gesot hat. Ech sot do 'de Schäfferot' an net 'de Gemengerot'. Mir gi selbstverständlech och dem Gemengerot Informatiounen, mä de Schäfferot huet virun e puer Deeg en Dossier erakrut, a mir wëllen dat net iwwer de Knéi briechen. Mir sinn am gaangen den Dossier ze analyséieren. Mir hunn e Mount Zäit fir als Schäfferot eng Positioun duerzeleeën. A mir wäerten och eng Positioun ausschaffen, mä et ass aus eiser Siicht fir de Moment nach ze fréi fir schonn eng Ausso ze maachen. An dat war och dat, wat ech deem Mann um Telefon gesot hunn, datt de Schäfferot sech géif zu deem Punkt positionéieren. Hien huet elo de Gemengerot dorauser gemaach. Dat ass en Iertum vu senger Säit. Mä mir wäerten als Schäfferot awer och de Gemengerot informéieren, esoubal den Dossier fäerdeg ass. Eis Experte sinn am gaangen drun ze schaffen. Och en externe Mann ass am gaangen dorunner ze schaffe fir eis am Kontext vun dësen Dossier déi néideg Analysen ze maachen.

Et ass elo ze fréi fir schonn driwwer ze schwätzen, well de Schäfferot nach net iwwer den Dossier délibéréiert huet. Mir hunn dat den nächste Mëttwoch fir d'éischt op der Dagesuerdnung stoen. Mir sinn deemno nach net esou wäit, datt mer hei am Gemengerot kënnen eng ëffentlech Positioun virleeën.

Romain Becker (Déi Gréng):

O.K., well ech war e bëssen irritéiert, well an der Zeitung stoung, datt de Gemengerot miisst Positioun dozou huelen.

Eng aner Fro, wou ech och Informatioune vum Schäfferot erwaart hätt a wat mer och aus der Zeitung gewuer si ginn, ass, datt d'Kordall-Gemenge sech zesummegesat hu fir iwwer eng Liichtathletiksanlag ze diskutéieren. Do wollt ech wëssen a wéi wäit eis Gemeng do implizéiert ass? Wéi wäit leeë mir eis als Péitenger Gemeng do zur Fënster eraus? Hu mir Terrainen unzebidden, oder ass et just fir eng Zesummenaarbecht mat enger anerer Gemeng, respektiv mat deenen anere Kordall-Gemengen. Well och dat hunn ech an der Zeitung gelies, datt de Péitenger Buergermeeschter mat an den Diskussioune war mat deenen anere Kordall-Buergermeeschteren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Och an deem Punkt si mer nach wäit vun enger Léisung ewech. Mir wësse genee, datt mer hei e gemeinsame Veräin hunn, den Red Boys/UA Péiteng, wat e fusionéierte Veräi vu Péiteng a vun Déifferdeng ass, an deen zanter ronn 20 Joer besteet. An dee Veräin huet ëmmer vun Installatioune profitéiert, déi zu Uewerkuer waren. Déi Installatioune verschwannen awer duerch deen neie Fussballsterrain. An do ware schonn 2005 Gespréicher gefouert ginn tëscht deene 4 Schäfferéit vu Suessem, Déifferdeng, Käerjeng a Péiteng, fir ze kucken a wéi fern een net op laang Siicht eng gemeinsam Léisung sollt am Kordall siche fir d'Liichtathletik.

Et gi sécher eng ganz Rei Aktivitéiten, déi een als Gemeng net méi kann alleng maachen, a wou et och kee Sënn mécht fir et alleng ze maachen, mä wou ee kann als Kordall - mat

50.000 Leit - e Schratt ka maachen. Hie sinn éischt Gespréicher gefouert ginn. Ech kann iech och soen, datt den nächste Freideg erëm eng Réunioun ass. Mä mir sinn awer nach wäit vun engem Punkt ewech, deen am Fong sproochräif wier fir hei am Gemengerot ze diskutéieren. Ech sinn awer - an dat verstoppen ech och net, esou wéi och de Schäfferot dat ënnerstëtzt - dofir, datt mer eng gemeinsam Léisung sollen am Kordall sichen. Wou se awer soll hikommen, dovunner si mer nach wäit ewech. An déi aner Schäfferéit sinn och éischter däer Meenung, datt mer sollen eng gemeinsam Léisung fir de Kordall sichen an net individuell an all Gemeng eng Léisung soll gesicht ginn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Här Buergermeeschter, ech soen iech Merci fir déi Informatiounen. Et wier awer vläicht net schlecht gewiescht, wa mer déi Informatiounen direkt vun iech kritt hätten, ouni datt mer se aus der Press kréien. Merci villmools.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass gäre geschitt. Ech sinn awer éischter op däer Schinn, datt een net sollt virun de Won lafen. Well ganz oft, wann een zevill Gespréicher dobausse féiert iwwer verschidden Dossieren, da kann et emol sinn, datt déi Dossieren net méi an eiser Gemeng sinn, an datt se sech op aner Gemenge verlageren. An dofir sollt ee vläicht an der éischter Phas - an dat ass e bëssen déi Politik, déi mir maachen - net direkt zevill un d'Ëffentlechkeet goen, esoulaang näischt definitiv op de Schinne steet. Näischt verhënnert awer, datt mer et informell am Gemengerot géife maachen. Well wat deen Zenter hei ugeet, esou schwätze mer do eventuell vum Joer 2014.

2.1.

Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 4.182.727,84 € - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Engersäits krute mer nach Recettë vun 2009, wat méi kleng Recettë sinn, an anerersäits hu mer awer och scho Recettë vun Joer 2010 kritt. Dat ass zum Beispill déi éischt Recette vun der Participatioun vum Stat am Kader vum Pacte logement. Dat bezitt sech nach op d'Joer 2008 a wou mer elo nach eng weider Zomm an der Héicht vun 863.798 Euro kritt hunn. Et ass och schonn eng Avance vum Stat un de Fraise vun de Maisons relais (412.905 Euro) an eng éischt Avance vun der Dotation de l'Etat (2.724.829 Euro) dobäi.

D'Recettë maachen am Ganzen 4.182.727,84 Euro aus, an an deem Kontext kann ech iech informéieren - wat den Impôt commercial betrëfft - datt mer fir d'Joer 2009 ronn 950.000 Euro méi krut hu wéi dat, wat mer am Rectifié virgesinn haten. Dat ass eigentlech eng ganz gutt Noriicht.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wollt beim Joer 2009 froen, watfir ee Schued beim Punkt 'remboursement de frais pour dégâts causés - 11.742,43 Euro' et ass.

Roland Breyer, Schäffen:

Do handelt et sech ëm Suen, déi mer duerch Accidenter vun der Assurance erëmkritt hunn.

Camille Bosseler (CSV):

Beim Joer 2010 wollt ech beim Punkt 'remboursement par la mutualité des employeurs des indemnités pécuniaires de maladie - 27.071,68 Euro' wëssen, ob dat vun der sämtlecher Belegschaft ass?

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass alles wat 'salarié' ass. D'Maisons relais gehéieren och do dozou, awer net d'Léierpersonal.

Approbation à l'unanimité.

2.2.

Administration générale.

Pacte logement: inscription de la contribution financière de l'Etat dans le budget de l'exercice 2010 et vote d'un crédit spécial - décisions.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hunn eng Zomm vun 863.798 Euro erakrut iwwer de Pacte Logement' fir d'Joer 2008. Dat si Suen, déi mer kritt hu well eis Populatioun an deem Joer wäit iwwer déi 1% eropgaangen ass déi am Pacte logement virgesi sinn. Fir jiddwereen hu mer 6.250 Euro kritt, esou datt der séier kënnt ausrechne wéivill der bäikomm sinn.

Fir d'Joer 2009 wäert déi Zomm awer wesentlech méi kleng ausfalen. Si wäert héchstens 300.000 bis 350.000 Euro sinn, well eis Populatioun net an deem Mooss geklommen ass wéi dat nach am Joer 2008 de Fall war.

Trotzdem hu mer elo hei fir d'Joer 2008 863.000 Euro erakrut, an déi mer op dee speziale Kredit musse gutt-schreiwen, an déi mer dann eventuell am Joer 2010 - wa mer Infrastruktur-aarbechte maache wéi zum Beispill eng Maison relais - kënnen notze fir esou Aarbechte matzefinanzéieren.

Bei déi 863.000 Euro kommen och nach eng Kéier 207.000 Euro dobäi. Op deem Kont stinn 207.000 Euro aus dem Joer 2007, esou datt mer iwwer 1 Millioun Euro fir de Moment op deem Kont stoen hunn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Bei dësem Punkt vun der Dagesuerdnung wollt ech drop hiweisen, datt mer nach aner Méiglechkeeten hu fir Suen eranzekréien. Well mir hunn eis als Gemeng bei der Ënnerschrëft vum Pacte logement engagéiert fir eng Tax opzehiewe bei Wunnengen, déi e längeren Zäitraum eidelstoe gelooss ginn. Ech zitéieren "Les communes concluant une convention avec l'Etat s'engagent à introduire une taxe communale spécifique sur certains immeubles, notamment sur les logements inoccupés pendant une période prolongée et sur les terrains à bâtir qui ne sont pas affectés à la construction". A weider "Les immeubles qui peuvent être soumis à la taxe spécifique sont des immeubles bâtis ou parties des immeubles bâtis non occupés pendant une période de 18 mois consécutifs. Les limites maximales de la taxe spécifique sont de 600 euros par an pour les immeubles bâtis et de 15 euros par m2 de la surface du terrain à bâtir".

Ech selwer weess vun 2 Haiser, déi scho säit 20 Joer eidel stinn, wat eng himmelschreiend Sauerei ass, woubäi mir wëssen, datt vill Leit aus eiser Gemeng op der Sich no Wunnenge sinn. Bei deem Propriétaire vun deenen 2 Haiser miisste mer einfach de Maximum vun 600 Euro pro Haus un Tax froen. Ech froen iech als Schäfferot heimatter, eisem Engagement, dat mir als Gemeng agaange si beim Ënnerschreiwe vum Pacte, Rechnung ze droen an déi Taxen endlech anzeféieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat kéinte mer effektiv maachen. Ech ginn Iech Recht, datt mer däer Haiser hunn, mä bei eis an der Gemeng sinn et der wesentlech manner wéi an anere Gemengen, a wou et Haiser sinn déi bewunnbar wieren. Well bei deenen 2 Haiser, déi Dir hei opzielt, froen ech mech, ob se bewunnbar sinn. Do kann een natierlech déi Tax vun 600 Euro encaisséieren, mä et kann ee kengem zoumudden an déi Haiser wunnen ze goen.

Dat heescht, déi Saach ass éischter gemënzt fir Haiser, déi an der Rei sinn

an déi aus Spekulatiounsgrënn net bewunnt ginn. An déi Haiser sollen taxéiert ginn. Mir kënnen dat hei aféieren, mä ech kann Iech garantéieren, datt mir hei zu Péiteng net räich gi mat esou Taxen. Dofir ass et och net eng éischt Prioritéit gewiescht, mä mir sinn am gaangen un deem Dossier ze schaffen an et wäert och an nächster Zäit esou eng Tax agefouert ginn.

Och wat déi Baulücken ubelaangen, déi eidel stinn, ass dat bei eis net esou frequent wéi an anere Gemengen, well mir u sech schonn dicht besidelt sinn. Bei eis ass et éischter de Contraire. Et gëtt vläicht nach zevill gebaut par Rapport zu deem wat an anere Gemenge gemaach gëtt.

Sécherlech hu mer en Engagement geholl, a mir wäerten dat Engagement och aléisen. Dat ass ganz kloer. Mä ech kann Iech awer och garantéieren, datt mir an deem Beräich net esou betraff si wéi et vläicht an anere Gemengen de Fall ass.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et liicht mer an, datt mer net onbedéngt räich gi mat deene Saachen. Mä mir sollen einfach en Zeeche setzen, fir datt et net méi esou einfach ass fir eppes eidel stoen ze loossen. Well déi zwee Haiser, vun deenen ech schwätzen, sinn och an der Zäit aus Spekulatiounsgrënn stoe gelooss ginn a mëttlerweil kréint einfach keen Hunn méi duerno. Mä mir kënnen awer einfach als Gemeng en Zeeche setze fir all deene Propriétairen e bëssen op d'Fangeren ze klappe wa se dann eng Tax solle bezuelen.

Dësweidere si mir als Gemeng dat Engagement agaangen, an dofir fannen ech, datt mer et miissten aféieren, och wa mer domatter net räich ginn.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech sinn awer - am Géigendeel zum Här Becker - der Meenung, datt een do en Agréff an d'Privatliewe virhëlt. Ech dierf dach mat menge Saache maache wat ech wëll. Well haut ass et net esou einfach fir anstänneg Locatairen ze fannen. A wann een der huet, dann ass ee geplot mat hinnen an et kritt een se net méi eraus.

An et ass net d'Roll vun der Gemeng fir do déck Taxen opzehiewe wann een emol en Haus eidelstoe léist. Dat ass meng Meenung.

Romain Becker (Déi Gréng):

Mir sinn dozou verflicht, well mir hunn ënnerschriwwen "La commune s'engage ...". Also do komme mer net méi derlaanscht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass richteg, datt mer eis als Gemeng engagéiert hunn. Mä éischtens muss een emol kucken, wéi laang et muss eidel stoen. Et muss 18 Méint eidelstoen, esou datt dat scho relativ kloer ass.

An et ginn Haiser, déi laang Joeren eidelstinn. Mä wa sech elo een op däer Adress wéilt umellen, da weess ech net ob ech dat als Buergermeeschter kéint zouloossen. Well déi Wunnenge sinn insalubres an et wier kengem zouzemudde fir dohi wunnen ze goen.

Mir sinn awer am gaangen un deem Dossier ze schaffen. Mir haten et elo net als éischt Prioritéit am Schäfferot gesat. Mir haten aner Prioritéiten, déi mer virgeholl haten. Mä mir mussen et maachen a mir wäerten et och maachen.

Accord à l'unanimité.

2.3.

Administration générale.

Reprofilage et renouvellement de la couche de roulement de diverses rues - approbation du décompte.

Devis approuvés:	*130.000,00 €*
Crédits approuvés:	*130.000,00 €*
Dépense effective:	*120.324,61 €*

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn den Dekont vum leschte Joer virleie vun deene Reprofilage-aarbechten, déi a verschiddene Stroosse gemaach si ginn.

Mir haten eis erlaabt, fir d'lescht Joer och nach e Stéck vun der Lentz-Strooss ze reprofiléieren, well mer nach genuch Kredit haten.

Ech wollt awer och nach informéieren, datt mer dëst Joer verschidden Aarbechte virzéien an net waarde bis an den August, well dach d'Stroossen iwwer d'Wanterméint vill gelidden hunn.

Carlo Gira (CSV):

Fir 2010 ware jo verschidde Stroosse virgesinn. Mä muss een elo net ëmdenken, well verschidden aner Stroossendeeler staark gelidden hu wéinst dem Wanter, a grouss Lächer an deene Stroossen entstane sinn?

Roland Breyer, Schäffen:

Mir kucken de Programm nach eng Kéier no a wann eng Modifikatioun wier, da brénge mer et nach eng Kéier mat an de Gemengerot.

Approbation à l'unanimité.

3.

Ordre public.

Autorisation pour une collecte à domicile dans la commune de Pétange - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'lescht Joer huet den Télévie Rodange eng Demande gemaach fir kënnen eng 'Vente porte à porte' ze maache vun Ouschtereeër, an dat vum 21. Mäerz bis den 4. Abrëll 2010 am Kader vun der Action 'Télévie Rodange 2010'.

Jeannot Linden (LSAP):

Wie geet do ronderëm? Sinn dat Leit vum Télévie selwer oder sinn et Veräiner, déi sech bereetstelle fir dat ze maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

De President vum Télévie Rodange kann iech déi Explikatioune ginn.

Romain Rosenfeld (CSV):

De Gros gëtt vun de Leit vum Télévie selwer opgehuewen. Hei zu Péiteng ass et awer och zum Beispill den Tennis, dee fir den Télévie Ouschtereeër verkeeft. Et sinn also nëmme Leit vum Télévie an deen een oder anere Veräin.

Accord à l'unanimité.

4.1.

Propriétés.

Contrat de bail avec Mme Raymonde Lichtfus-Peschon pour la location d'une bande de terrain communal à Rodange, lieu-dit "chemin de Brouck" - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dësen Terrain huet d'Gréisst vun 1,50 Ar an de Bail soll ulafen den 1. Mäerz 2010. D'Conditioune vum Bail fannt der an äeren Ënnerlagen. Um Enn vum Bail muss d'Locatairin den Terrain am urspréinglechen Zoustand erëmginn. Wa se wëll e kleng Abris fir d'Gaardegeschir, asw., drop bauen, da muss d'Gemeng fir d'éischt gefrot ginn. Den Terrain dierf och net vun hir weiderverlount ginn. De Loyer beleeft sech op e symboleschen Euro, op deen d'Gemeng verzicht.

Approbation à l'unanimité.

4.2.

Propriétés.

Convention avec la Société Civile Immobilière Ronnwiss Invest SCI

pour la location d'une bande de terrain à Rodange, lieu-dit "Ronnwiss" - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm eng Bande vun Terrain, déi hannert däer Résidence pour personnes âgées läit. D'Sociétéit huet gefrot fir deen Terrain zur Verfügung gestallt ze kréien, esou datt de Park vun der Residenz méi grouss géif ginn. Et ass jo eng Residenz wou eeler Leit solle wunne kommen, an dat kéim dann och deene Leit zegutt. De Bail soll och den 1. Mäerz ulafen. D'Fraisë vum Aménagement vun deem Terrain solle vum Preneur gedroe ginn. Si musse sech och - wa soll ugeplanzt ginn - fir d'éischt mat eisem Gäertner a mam Fierschter ofschwätzen. Déi Beem an déi Plantatiounen, déi schonn op deem Terrain stinn, mussen och bestoe bleiwen. Den Terrain dierf och net vun hinne weiderverlount ginn. A wann déi Conditiounen net erfëllt ginn, dann huele mir eis d'Recht fir Conventioun ze kënnegen.

Dat Ganzt gëtt och zu engem symboleschen Euro verlount, op dee mir als Gemeng géife verzichten.

Approbation à l'unanimité.

4.3.

Propriétés.

Convention avec la société Atrium Promotions pour la réalisation d'un lotissement de 5 maisons unifamiliales à Rodange, chemin de Brouck - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei handelt et sech ëm e Lotissement fir 5 Eefamilljenhaiser am Chemin de Brouck zu Rodange. Et ass och eng Conventioun, déi sech op de PAP bezitt. Mir haten den Dossier schonns hei am Gemengerot, wou mer en och approuvéiert haten. Et war dat den 16.06.2008.

Mir hunn awer an d'Conventioun eng speziell Klausel dragesat. An zwar geet et do ëm d'Kanalisatioun. Do muss e Réckstaukanal gebaut ginn. An do hu mir eis als Gemeng mat dra verflicht well Haiser gebaut ginn, déi zu eiser Gemeng gehéieren. Déi Fraise fir de Bau vun deem Réckstaukanal mussen zum Deel vum Promoteur an zum Deel vun der Gemeng gedroe ginn. Fir eis dierf de Projet net méi deier gi wéi 60.355 Euro. An d'Part vum Promoteur beleeft sech op 18.864 Euro. Alles wat iwwer déi Zomm ewechgeet, muss vum Promoteur gedroe ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Entweder leien ech falsch oder an den Ënnerlage stëmmt eppes net. Mir hunn näämlech hei stoen "... le dossier a été approuvé par le conseil ...". Ech hunn dat nogesicht a mer hunn deemools éischtens emol net mat Atrium geschafft mä mat Promonova. A bei deem Dossier ass nëmmen eng Approbation provisoire gemaach ginn. Mir hunn nach ni fir Atrium ofgestëmmt, an och Promonova huet nach keng definitiv Approbatioun kritt.

Mir stëmmen elo haut iwwer eng Conventioun of, mä Atrium huet nach keng definitiv Autorisatioun kritt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir schwätzen hei vun engem PAP, wou mer eng Approbation provisoire ginn hunn. Et ass haut net méi noutwenneg fir eng Approbation définitive ze maachen. Wa keng Contestatioune vu Leit gemaach goufen, da gëtt aus der provisorescher Approbatioun automatesch eng definitiv Approbatioun. Dat heescht, et gëtt keen zweete Vote méi gemaach. En zweete Vote gëtt nëmmen nach gemaach, wa Leit géint de Projet Objektioun gemaach hunn. An dat ass hei net geschitt, an doduerch ass dee PAP duerch.

Ech ginn iech Recht, datt de PAP mat enger anerer Firma gemaach ginn ass wéi déi, déi elo hei baut. Dat ass an der Rei. Mä well deen heiten elo de Bau vun de Haiser mécht, ass et och hien, dee sech muss engagéiere fir déi Aarbechten ze maachen. Dir wësst, haut geet et ganz séier mat de Sociétéiten an d'Nimm wiessele ganz séier. Mä de PAP ass hei am Gemengerot gestëmmt, an d'Conventioun gëtt vun der Firma Atrium, déi elo hei baut, gemaach. An et sinn och si, déi sech mussen engagéiere fir déi Suen zu Verfügung ze stellen, am Fong geholl eng Garantie ze stelle wat d'Aarbechte vun den Infrastrukturen, der Strooss, dem Kanal, ubelaangen a fir datt déi Bëstand hunn.

Jeannot Linden (LSAP):

Musse mir dann net däer neier Firma eng Autorisatioun ginn?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi hunn eng Baugenehmegung kritt.

Jeannot Linden (LSAP):

Musse mer dann net elo erëm eng Kéier driwwer ofstëmmen, datt elo eng aner Firma déi Aarbechte mécht?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Neen, de Projet, de PAP ass gestëmmt ginn. An Atrium iwwerhëlt elo dee PAP. Wat elo do opgeriicht gëtt ass dat, wat laut dem PAP, deen de Gemengerot den 18.06.2008 gestëmmt huet, virgesi war.

Jeannot Linden (LSAP):

Dee Mann baut elo 5 Haiser dohinner a mir mussen dann 16/21tel vun de Käschten iwwerhuelen. Firwat ass dat esou?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Duerch déi Pompel, déi ënnen ageriicht gëtt, gëtt och de ganze Rescht vum ënneschten Deel vum Broucker Wee un de Kanal ugeschloss. Fir de Moment sinn déi Haiser nach net un de Kanal ugeschloss. Dat heescht, déi Pompel pompelt d'Ofwaasser erop an d'Lonkescher Strooss, vu wou et dann normal an d'Kläranlag leeft. A fir déi 5 Haiser, déi nei gebaut ginn, iwwerhëlt hien d'Fraisen, a fir déi 16 Haiser, déi schonn do stinn an déi och iwwer dee Wee un de Kanal ugeschloss ginn, iwwerhuele mir als Gemeng d'Onkäschten. Dat ass awer u sech gerecht opgedeelt, well mir konnte jo net vun him verlaangen, datt hien d'Fraisen och fir déi Haiser iwwerhëlt déi schonn do stinn.

Jeannot Linden (LSAP):

Déi 5 Haiser, déi elo gebaut ginn, stoussen direkt un "A la Wissi" un, déi direkt niewendrun ass. Wou ginn déi dann un de Kanal ugeschloss?

Roland Breyer, Schäffen:

Op der Fonderie an op der Grenz si mer wäit hannendru wat den Uschloss un d'Kanalisatioun betrëfft. Dat hei hätt scho laang miisste gemaach sinn. An dann hätte mer iwwerhaapt näischt vum Promoteur kritt.

A la Wissi hänkt vum Konzept aus un der Fonderie, an déi Uschlëss mussen och nach gemaach ginn. Esou datt nach e ganze Koup Aarbecht an d'Haus steet. Mir sinn am gaangen ze kucken, datt mer fir d'Wissi an d'Fonderie eng separat Solutioun maachen. Et war virgesi fir dat alles zesumme mam Grand-Bis ze maachen. Héchstwahrscheinlech wäerten awer 2 Pompelanlage mussen dohinnerkommen. A bis 2013 musse mer dat fäerdeg hunn.

Approbation à l'unanimité.

4.4.

Propriétés.

Cession d'une emprise et d'une contre-emprise à Rodange, lieu-dit "rue Michel Rodange" - approbation du compromis.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei handelt et sech ëm d'Firma Immo Pasha.S.A.B. Lux aus der Stad. Mir cédéieren als Gemeng 1 Zentiar un déi Firma, a mir kréien e Stéck vun 43 Zentiar an d'Plaz. Dee ganzen Échange geet och 'sans soulte'.

Approbation à l'unanimité.

4.5.

Propriétés.

Acquisition de terrains sis à Rodange, lieu-dit "Au Doihl" - approbation du compromis.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei leeë mer iech e Compromis vir, an zwar fir gréisser Terrainen am Doihl zu Rodange. Dat ass ganz no bei eiser Schwämm PiKo. Et ass allgemeng bekannt, datt mer deen Terrain e bësse méi wëlle viabiliséieren an e fir de Loisirs an den Tourismus e wéineg méi wëllen entfalen. Fir prett ze si wann nei Momenter op eis zoukommen, hate mer schonn d'Geleeënheet fir Terrainen ze kafen. Déi Terrainen, déi mer elo wëllen dobäikafen, bedroen eng Surface vun 168,85 Ar. Deen Terrain ass a verschidde Stécker opgedeelt. Do ass emol en Terrain mat enger Gréisst vun 28,40 Ar a mat der Kadasternummer 1395/4568. Dësen Terrain géif fir de Präis vun 28.400 Euro kaf ginn. Dann hu mer nach Terrainen mat de Kadasternummeren 1376 / 6428, 1395 / 6431 an 1375 / 4564, déi zesummen 140,45 Ar ausmaachen an déi mer zu engem Präis vun 3.612,85 Euro den Ar géife kafen.

Dee Präisënnerscheed ass doduerch ze erklären, datt deen een Terrain net esou gënschteg läit. Dat ass eng Sträif, déi e wéineg méi an den Hiwwel eraläit. Déi aner Sträif läit méi zum PiKo zou, an déi kann aneschters verwäert ginn. An dofir kommen och déi zwee verschidde Präisser vir.

Dat Ganzt ass vum Här Jean Nau taxéiert ginn an hien huet fonnt, datt déi Präisser an der Rei sinn.

Fir datt mer prett si wann en neie Moment kënnt, géif ech iech biede fir deem hei zouzestëmme fir datt mer déi Terrainen definitiv kënne kafen.

Jeannot Linden (LSAP):

U sech sinn et jo 4 Arealen, an déi si jo u sech alleguerten 'terrains labours'. Dofir war ech e bëssen erstaunt, firwat déi eng Terrainen 3.612 Euro den Ar kaschten an deen aneren 1.000 Euro den Ar. Dat ass jo awer eng grouss Differenz am Präis. Et ass jo awer kee Bauterrain. Och wann eisen Taxateur seet, datt déi Präisser an der Rei sinn, esou wonnert et mech dach, datt deen een Terrain esouvill méi deier den Ar ass wéi deen aneren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss ee soen, datt deen Terrain mat der Kadasternummer 1376/6428, dat ass deen ënneschten Deel, wou mer fir de Moment de Parking aménagéiert hunn, an der Zone 'loisirs' läit. Deen Terrain läit net an der Zone 'terrains rurals'.

Déi zwee aner Terrainen - den 1375 an den 1395 - leie laanscht dee Chemin syndical, dat heescht deen Terrain kann ee ganz aneschters verwäerte wéi deen ieweschten Terrain. Well deen ieweschten Terrain läit komplett am Hiwwel no bei der Bunn. Deen ass am Prinzip net vill wäert. Deen Terrain wollte mer u sech kafe well éischtens de Bauer net interesséiert war fir alleng deen Terrain ze halen, an zweetens well eis deen Terrain den Accès un d'Bunn gëtt. Duerch deen Terrain stousse mer un den Areal vun der Bunn un. An dofir ass et fir eis interessant, wa mer e wëllen touristesch verwäerten, datt mer den direkte Lien mat der Eisebunn, mam Train 1900 an der Schwämm kënne schafen. An dofir ass dee Präis och aneschters. A wann der iech op der Plaz deen Terrain ukuckt, da gesitt der, datt mer mat deem Terrain net vill kënne maachen.

Déi aner zwee Terrainen ginn eis awer d'Méiglechkeet fir lénks a riets vum Chemin rural eppes ze maachen. A mir wäerten och un de Gemengerot eruntriede mat däer Saach, well mir sinn am gaange mam Environnement ze verhandele fir déi Terrainen deelweis och an de Perimeter eranzehuele fir se kënne besser ze utiliséieren.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt just drop hiweise well déi 4 Terrainen alleguerten als Terrain labourable festgehale gi sinn. Dofir wollt ech wësse wou déi Differenz am Präis hierkënnt. A wat mengt den Taxateur mat der Ausso 'ne lèse d'aucune manière les droits d'autrui'?

Ech sinn awer zefridde mat deenen Äntwerten, déi ech kritt hunn. Et soll awer elo zum Deel fir de Loisirs virgesi sinn, mä mir wäerten eis awer wahrscheinlech bei dësem Punkt enthale bis mer emol genee Projete presentéiert kréien, wat mat deenen Terrain soll geschéien a wat dohinner soll kommen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dir schwätzt vum 'Terrain labourable'. Dat ass de Fall fir de Bauer. Fir eis als Gemeng kënne mer deen Terrain net ganz esou aklasséieren. Dofir sinn och déi verschidde Klassementer gemaach ginn.

Roger Klein (LSAP):

Ech hunn och e bësse Bedenken, wat d'Aart a Weis betrëfft wéi mer virginn, an zwar, datt mer Terrainen an däer doter Valeur kafen an déi da vun eisem Gemengentaxateur bewäerte loossen. Ech wëll awer domatter ganz kloer soen, datt ech kengem Gemengentaxateur wëll ze notrieden. Mä allgemeng huet en Taxateur, deen en Avis muss ofgesi wann d'Gemeng eppes keeft, sech wuel seriös Gedanke gemaach, mä et sinn awer keng Leit, déi di néideg Mëttel hu fir eis eng fondéiert Analys ofzeginn. Hei kréie mer en Text vun 6 Zeilen, wou drasteet, datt d'Gemeng déi Saach zu deem Präis keeft. Ech ka mech awer erënneren, datt mer emol fréier gréisser Acquisitioune gemaach hunn, déi net an däer Präislag hei waren, a wou mer vun 8 Milliounen aler Frange geschwat haten - haut leie mer bei 20 Milliounen ale Frangen - a wou mer vun engem spezialiséierte Büro Expertisë maache gelooss hunn, a wou mer e ganzen Dossier zougestallt kritt hunn.

An dofir schéngt et mer e bësse liichtfankeg ze si fir esou grouss Zommen auszeginn an dann déi heiten Expertise maachen ze loossen.

Zweetens hunn ech elo grad héieren, datt mer Terrainë kafen, déi eigentlech keen esou richteg wëll. Weder de Bauer wëll se esou richteg, nach mir wëssen esou richteg, wat mer domatter solle maachen. Mir ginn awer 1.000 Euro fir den Ar aus. Dat sinn awer scho stolz Präisser fir eppes, wou een net esou richteg weess wat een domatter soll maachen. Ausser mir wéisste méi genee wat mer domatter wëlle maachen. An do hutt der jo bestëmmt och Iddien am Hannerkapp, an da miisst der eis déi och emol op den Dësch leeën, an da wiere mer vläicht och iwwerzeegt, datt déi wierklech héich Investissementer vun iwwer enger halwer Millioun Euro sech géife lounen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif scho soen, datt mer wësse wat mer maachen, well mer hei an engem Beräich si wou mer de Loisirs weider ronderëm eis Schwämm a ronderëm eise Futtballterrain wëllen ausbauen. An déi Terrainë ginn eis déi Méiglechkeeten. Iwweregens, deen een Terrain hu mer jo schonn zanter 4 bis 5 Joer gelount fir kënnen eng Aktivitéit vun der Schwämm ze assuréieren. An deen aneren Terrain gëtt eis den Accès un de

Fond-de-Gras erop. An do verstoppe mer net, datt mer wëlle mam Sites et Monuments zesummen eng Gare maache fir den Train 1900 an d''Minièresbunn, fir dat dann nach besser kënnen ze exploitéieren. Och de Stat ass am gaangen - an dat kann een och kloer hei soen, well déi Diskussiounen déi lafe schonn - uewen den Tr'ax ze kafen. Mir sinn och interesséiert, fir den Tr'ax do ewechzekréie well mer der Meenung sinn, datt en net op déi dote Plaz gehéiert. An dann hätte mer u sech d'Verbindung tëscht deem ganzen Areal, dat dem Stat gehéiert um Tëtelbierg an deem ënneschten Deel, wou eis Schwämm ass, esou wéi dem Fond-de-Gras an der Minièresbunn.

An dat gëtt eis Méiglechkeete fir an Zukunft vläicht nach aner Saachen ze installéieren. Saachen, déi eis um touristesche Gebitt weider kéinte bréngen. An déi dote Plaz wier sécherlech eng gutt Plaz fir dat ze realiséieren.

Fir awer elo an den Detail ze goen - well et sinn elauter Saachen, wann een do ufänkt grouss Diskussiounen ze féieren - ass nach ze fréi, an et sollt een elo net schonn un d'Ëffentlechkeet mat deene Saache goen. Well soss kann et emol sinn, datt déi Projeten op eemol net méi kënne realiséiert ginn esou wéi mer eis dat virstellen. Dofir soll een Etappe fir Etappe virgoen. Déi Terrainë si fir eis wichteg, egal watfir ee Projet datt een do wëll realiséieren.

Mir wëllen am Losirs weider Projete realiséieren. Déi Terrainë kënnen eis do nëmmen zegutt kommen. An dofir si mer och am gaangen, déi Terrainen an de 'Loisirs' eranzehuelen a och ëmzeklasséieren. An dat wäerte mer och an nächster Zäit - nodeem mer d'Problemer mam Environnement geléist hunn an och d'Diskussioune mam Environnement ofgeschloss hunn - hei am Gemengerot virbréngen.

Et ass ganz kloer, datt mer déi Terrainen hei kafe fir am Beräich 'Loisirs' weider ze développéieren, an net fir Wunnengen oder Wunnengsbau ze maachen. An dat ass och d'Ursaach firwat mer deen Terrain uewe kafen. Well domatter kréie mer den Accès un de Fond-de-Gras, un d'Bunn.

Guy Brecht (LSAP):

Et si scho vill Froen, déi ech wollt stellen, beäntwert ginn. Et kritt een ëmmer méi Informatiounen. Ech wollt awer nach eng Fro stellen zu deem wat ugeschwat gouf. Wa mer eventuell wëlles hu fir bei deenen Terrainë mam Sites et Monuments zesummen ze schaffen, oder eppes mam Kulturministère ze maachen, da froen ech mech awer trotzdem, firwat net virdrun ugefrot ginn ass, watfir ee Subsid eventuell méiglech ass, ier Terrainë kaf ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei der Acquisitioun vun engem Terrain ass guer kee Subsid méiglech. Ech hunn nach ni gesinn, datt de Stat beim Kaf vun engem Terrain subsidiéiert huet. Terrainë musse mir kafen. Mir musse jo kucken ënner watfir enger Form - deemno watfir Projete mer maachen - mer déi Terrainen zur Verfügung stellen. Dat muss jo och net gratis sinn. Wa mer selwer e Projet maachen, da musse mer natierlech selwer den Terrain zur Verfügung hunn. Wa mer dat awer mat engem anere Partner maachen, da musse mer kucke wéi mer dat mat deem eenegen, an dat wäerte mer och hei am Gemengerot zur Diskussioun bréngen. Mä dat ass alles vill zevill fréi. Mir hu just gemengt, datt et fir de Moment wichteg wier, fir déi Terrainen ze hunn, fir datt mer op deem ganzen Areal d'Hand drop hunn an datt mer och genee wësse wat an deem Eck geschitt. An dat war d'Ursaach firwat mer déi Terrainen hei kafen. An ech sinn der Meenung, datt ee sech op deem ganze Site - mat der Schwämm, mam Fussballsterrain - nach eng ganz Rei Saache ka virstellen. An de Fait, datt mer op der anerer Säit och wëssen, datt de Stat interesséiert ass fir den Terrain Tr'ax ze kafen, schéngt dat - alles zesummen - e positive Punkt ze si fir datt dee ganzen Eck an d'ëffentlech Hand kënnt, an datt mer am Intressi vun der Entwécklung vum Loisirs weider Dossiere kënnen ausschaffen. Wéi séier, datt dat ass, kann ech iech net soen. Do si mer - wéi gesot - an nächster Zäit nach am gaange mam Environnement ze diskutéiere fir d'Ëmklasséierung ze maachen, fir ze kucke wat ee kann a wat een däerf do maachen. Mä et ass kloer, datt et am Beräich 'Loisirs' sollt sinn.

Guy Brecht (LSAP):

Well d'Gemeng Déifferdeng och wéinst dem Fond-de-Gras betraff ass, wier et vläicht gutt - wann et emol esouwäit ass - fir mat deenen ze schwätzen.

Ech hunn awer och nach eng zweet Fro. Kënnt dir mer vläicht soen, wien den Här Jean Theophile Rongveaux ass, deen um Compromis ënnerschriwwen huet?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass déi Persoun, déi fir de Moment de Bauerebetrib féiert.

Guy Brecht (LSAP):

Dann heescht deen d'selwecht wéi de Papp?

Roland Breyer, Schäffen:

Neen, dat war den Alphonse.

Guy Brecht (LSAP):

Dann hunn ech mech do geiert. Dat ass jo awer net den Elengierwen?

Roland Breyer, Schäffen:

Si sinn ënnert sech eens.

Guy Brecht (LSAP):

Ah, si sinn ënnert sech eens. Et ass dat, wat ech och nach wollt froen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wann hien eis den Terrain verkeeft, da muss hien och de Propriétaire vum Terrain sinn. Ech géif soen, datt hien hei alleng Propriétaire vun deem Terrain ass.

Guy Brecht (LSAP):

Et ass fir mech an der Rei. Well eben e puer Ierwen do waren, hunn ech gefrot. Ech soe Merci.

Approbation par 8 voix (CSV, DP) et 4 abstentions (LSAP, Déi Gréng).

Roger Klein (LSAP):

Ech wollt eis Enthalung nach begrënnen. Dir sot, datt et ze fréi wier, fir genee Informatiounen ze gi wat op deem Terrain soll geschéien. Fir eis ass et ze fréi fir iwwer eng hallef Millioun ze bewëllege fir 'terre labourable' esoulaang mer keng méi präzis Donnéeën hu wat duerno soll drop geschéien. Wann duerno Projeten am Intressi vum Loisirs oder vum allgemengen Intressi sollte gemaach ginn, da wäerte mer och ganz sécher äer Projeten ënnerstëtzen. Mä mir wiere frou gewiescht, wa mer méi Informatioune gehat hätten zu dësem Moment, wou mer iwwer d'Acquisitioun hei ofstëmmen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Meng Enthalung geet an déi selwecht Richtung. Ausserdem géif ech nach wëlle bäiflécken, datt, wa mer mat esou Enverguren a mat esou Präisser hantéieren, mer solle vun engem onofhängege Gremium vun Experten dat Ganzt schätze loossen, an net vun engem eenzegen Taxateur. Well do gëtt een d'Gefill net lass, datt deen am Sënn vum Schäfferot handelt, respektiv dat géif maache wat de Schäfferot wéilt. Ech soen iech, dat ass ee Gefill, wat een huet. An dofir géif ech et begréissen, datt ee bei esou Enverguren, bei 1.000 Euro pro

Ar a bei esouvill Terrain beiëneen, géif en onofhängegt Gremium hätt bei deem méi Leit dat Ganzt taxatéieren a wou de Procès-verbal d'expertise vu méi Leit ënnerschriwwe géif ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wann deen Taxateur am Sënn vum Schäfferot handelt, dann handelt hien am Sënn vun der Gemeng. Well de Schäfferot schafft am Sënn vun der Gemeng.

4.6.

Propriétés.

Cimetières: vente de concessions de sépultures et de columbariums au 2e semestre 2009 - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Fir d'lescht Semester 2009 hu mer eng Concessioun fir de Bau vun engem Caveau an dräi Concessioune um Columbarium verkaf.

Approbation à l'unanimité.

5.1.

Enseignement.

Organisation d'après-midi de loisirs 'Vakanzaktioun' - décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Da kéime mer zur Vakanzaktioun, déi bei eis an der Gemeng jo schonn Traditioun huet. Am Gemengerot vum 14. Dezember 2009 hu mer d'Décision de principe geholl fir erëm esou eng Vakanzaktioun ze organiséieren. Haut solle mer driwwer ofstëmme fir datt mer och dat néidegt Personal kënnen astelle fir eis Kanner ze encadréieren. An do bräichte mer 65 Moniteuren a 7 Chef-moniteuren. Mir géifen dat och erëm esou recrutéieren, datt déi 7 Chef-moniteuren aus dem Léierpersonal géife kommen. An déi 65 Moniteure solle minimum 17 Joer hunn, si sollen e Stage vum SNJ oder soss enger Associatioun matgemaach hunn. Si ginn och bezuelt - wa se déi Formatioun gemaach hunn - zu 1,20 € Index 100 pro Stonn. Déi Moniteuren, déi 'en dernière minute' géifen engagéiert ginn - wa mer der net genuch géife kréien - an déi keng Formatioun matgemaach hunn, géifen zu 1 € Index 100 pro Stonn bezuelt ginn. D'Chef-moniteure géife mer no der Schoulorganisatioun indemniséieren.

Jeannot Linden (LSAP):

Déi Vakanzaktioun, wann een e bëssen doruechter kucke geet, mécht de Kanner ganz vill Spaass. An de Kanner gëtt wierklech vill gebueden an et ass och ganz schéin. Ech wollt just froen, ob mer als Gemengerot eng Kéier a geheimer Sëtzung gesot kéinte kréien, wat net gutt gelaf wier. Wa mer wësse bei watfir enge Persounen et eventuell net esou geklappt huet wéi et miisst, da wiere mer och informéiert.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat dierft kee Problem sinn. Well mir gi jo och esouwäit, wa massiv Doléance géifen erakommen, datt mir déi eng oder aner Persoun net méi huele fir mat de Kanner ze schaffen.

Bis elo hate mer nach weider keng Schwieregkeeten an et ass ëmmer ganz flott iwwer d'Bühn gaangen. Mir hoffen, datt dat an Zukunft och weiderhin de Fall wäert sinn. Mä bis elo hate mer ganz gutt Erfahrunge mat der Vakanzaktioun.

Romain Rosenfeld (CSV):

Et ass jo nach net laang hir, datt um Geriicht Saache verhandelt gi si wann eppes bei esou Organisatioune geschitt. Mir solle wierklech do oppassen an eis ëmmer méi ofsécheren, fir datt mer och déi richteg Leit op deene richtege Plazen hunn. Wann eppes geschitt, da si mer alleguerte schlecht drun.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dofir kucke mer jo och fir dat adequat Personal ze kréien. A bei de Chef-moniteuren hätte mer jo och gäre Personal dat aus dem Corps enseignant kënnt, wat mat Kanner gewinnt ass a wat d'ganzt Joer mat de Kanner schafft. Mir besti jo och drop, datt déi aner Kandidaten eng Formatioun matgemaach hunn. Dësweidere si mer mam Alter vun de Kandidaten eropgaangen. De Mindestalter läit elo bei 17 Joer.

Accord à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.1.

Prévisions sociales.

Office social: convention avec le Ministère de la Famille et de l'Intégration concernant le fonctionnement du Service Régional d'Action sociale à Pétange pendant l'exercice 2010 - avis.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm eng Conventioun, déi zanter 2001 all Joer tëscht dem Office social vu Péiteng an dem Stat ënnerschriwwe gëtt.

Et ass eng Conventioun déi d'Créatioun an d'Fonctionnement vum Service Régional d'Action Social (SRAS) vu Péiteng betrëfft. Mir mussen heizou en Avis ofginn. An ech proposéiere fir en Avis favorable zu dëser Conventioun ofzeginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt nëmmen drop opmierksam maachen, datt an der Conventioun nach de fréiere Gemengesekretär ernimmt ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir soe Bescheed, datt dat soll geännert ginn.

Accord à l'unanimité. MM Brecht et Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

6.2.

Prévisions sociales.

Maison Relais pour Enfants: convention de financement conclue avec l'Etat pour l'exercice 2010 - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat hei ass och eng Conventioun, déi all Joer op eis duerkënnt. An zwar ass dat d'Conventioun vun de Maisons relais. Dat ass och eng Conventioun tëscht dem Ministère de la Famille an eiser Gemeng. Déi Conventioun leeft vum 1. Januar un, an all Joer musse mer déi erëm erneieren. Do ass elo eng Neierung dran, an zwar bedeelegt sech de Stat elo zu 75% um Solde vun de Fraisen déi op eis duerkommen. Dat gesi mer jo ëmmer um Enn vum Joer, vu datt mat de Chèques-service a mat deem ganze Changement d'Recetten e wéineg aneschters belafen.

Approbation à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.3.

Prévisions sociales.

Acquisition de deux camionnettes pour le service repas sur roues: adaptation des crédits budgétaires - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Am Budget 2010 hate mer e Kredit virgesi vun 35.000 Euro, fir 2 Autoe fir de Repas sur roues ze kafen. Well mer

duer d'Comptabilitéit vun der Gemeng verflicht ware fir dat op 2 Artikelen opzedeelen - 30.000 Euro hate mer virgesi fir d'Autoen a 5.000 Euro fir d'Etagèren - hu mer awer elo, wou mer d'Präisser ugefrot hunn, festgestallt, datt mer eng Differenz haten. Wat d'Autoen ubelaangt, brauche mer wesentlech manner. Mä d'Étagèren - well et mat deene spezielle Këschten e bësse méi problematesch ass - gi wesentlech méi deier. Dofir wollte mer dem Gemengerot proposéiere fir d'Kreditter ze adaptéieren. Dat wat mer manner bei den Autoe brauchen, wollte mer bei den Étagèren bäisetze fir sécher ze sinn, datt mer déi Fraise kënne bezuelen an och op déi richteg Artikele kënne buchen.

Am Total komme mer sécher net iwwer déi 35.000 Euro, mä mer miissten awer dee Wee aschloe fir sécher kënnen ze sinn, datt mer bei den Étagèrë genuch Kredit hunn.

Jeannot Linden (LSAP):

Wann de Schäfferot décidéiert fir zwou Camionnetten ze kafen, da gëtt jo nogefrot, wat déi solle kaschten. Et gëtt jo dann och net zevill an de Budget gesat. Mä hei hunn ech e bëssen d'Gefill, wéi wann einfach 30.000 Euro dragesat si ginn. D'Camionnette kaschten awer nëmmen 22.000 Euro. D'Étagèrë waren nëmme mat 5.000 Euro agesat ginn, mä déi kaschten elo 13.000 Euro. Mä ugeholl, déi Camionnetten hätten 30.000 Euro kascht, dann hätte mer elo miissten en Devis supplémentaire stëmmen. Elo fannen ech déi Differenz am Präis vun den Autoen nach net esou grouss wéi déi vun den Étagèren. Well déi gi vill méi deier, an do froen ech mech, ob iwwerhaapt am Virfeld nogefrot ginn ass wat déi ongeféier géife kaschten. Well d'Differenz läit bei wäit iwwer 100%.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi Étagèrë wäerte sécherlech keng 13.000 Euro kaschten. Mä de Problem ass, datt déi mussen op d'Mooss gemaach ginn. Bei de Ween hu mer Präisser ugefrot, an elo muss ee kucken, datt een déi Étagèren optimal kann an déi Ween integréieren. Elo stellt sech eraus, datt déi traditionell Étagèren, déi mer bis elo haten, net an déi Ween passen. Zum Deel mussen déi Étagèren op der Hand gemaach ginn. An dofir hu mer eis elo déi Kreditter ginn, fir sécher ze sinn, datt mer genuch Suen hu fir déi Aarbecht ze bezuelen. Et gëtt awer sécherlech manner deier wéi 13.000 Euro.

Wann et vun der Comptabilitéit hir méiglech gewiescht wier, dann hätte mer et esou gemaach, datt mer gesot hätten, datt déi Camionnette mat den integréierten Étagèren eng gewëssen Zomm kascht hätten. Mä duerch d'Aart a Weis, wéi mer mussen an der Comptabilité communale fonctionnéieren, hu mer miissten e Kredit fir d'Gefierer an e separate Kredit fir d'Étagèrë virgesinn. An déi Kreditter sinn dunn op zwee Budgetsartikelen opgedeelt ginn.

Mir sinn och dovunner ausgaangen, datt déi traditionell Étagèrë géifen drapassen, esou wéi et och scho virun 10 Joer de Fall war. A vun deem Präis si mer och ausgaangen. Elo huet sech awer erausgestallt, datt déi Étagèren ënner engem ganz neie System musse gemaach ginn, an dat war an däer Form net chiffréiert ginn.

Mä den Total vun 35.000 Euro, dee mer virgesinn hu fir de Repas sur roues, gëtt net iwwerschratt.

Jeannot Linden (LSAP):

Fir mech ass de Fait deen, datt mer alleguerten Autoe kafe ginn. An da froe mer fir d'éischt, wat déi Autoe kaschten. An da wësse mer de Präis. Dat heescht, wéi dat nogefrot ginn ass, waren d'Autoe wäit méi deier wéi bei der Livraisoun? Mir kréien se jo elo 8.000 Euro méi bëlleg. Wéi ass dat da méiglech?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wa mir an de Gemengerot komme fir de Budget, da wësse mer jo nach net, watfir eng Autoen datt mer kafen. Mir ginn dovunner aus, datt esou eng Camionnette ongeféier 15.000 Euro kascht. An da froe mer Offeren un, an dann huele mer déi, déi am gënschtegste sinn. Ech war och iwwerrascht, datt mer Camionnette fir 11.000 Euro kritt hunn, déi de Besoine vum Repas sur roues entspriechen.

Mä egal watfir eng Camionnette datt mer geholl hätten, mir hätte keng traditionell Étagèren dran.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech wollt nach bäifügen, datt d'Firmaen an der Tëschenzäit och hir Verpakunge geännert hunn. Esou datt déi Plateauen, déi ausgeliwwert ginn, net méi déi selwecht Moossen hunn, an och elo schonn eist Personal e wéineg Problemer hat. An dofir mussen déi Étagèren op d'Mooss gemaach ginn, fir datt mer och weiderhi genügend Plateauen drakréien. Net datt zevill muss Hin an Hir gefuer ginn an zevill Fahrte musse gemaach ginn.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech wollt just nach eng Kéier drun erënneren, datt Sudgaz - wou mer jo Member sinn - d'Gemengen incitéiert huet, fir och deen een oder aneren Auto ze kafen, déi mat Erdgaz fiert.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir sollen dat an eisem Service analyséiere loossen. Wat elo dës Ween fir de Repas sur roues betreffen, esou hu mer hei schonn Oploe wéinst den Étagèren, an dofir solle mer eis net och nach d'Oploe vum Erdgaz ginn. Mä bei deenen nächste Camionnettë solle mer dat dote kucken. Mir ginn dat op jiddwer Fall un eis Servicer weider.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Transports et communications.

Renouvellement des infrastructures dans la rue de la Montagne à Lamadelaine - décision de principe et vote du devis.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass esou, datt mer vun der Société Sudgaz matgedeelt kritt hunn, datt si am Laf vun dësem Joer wëllen hire Réseau erneieren, an zwar am ieweschten Deel vun der rue de la Montagne, tëscht den Haiser 65 an 73. A si hunn eis gefrot, ob mir do géife matmaachen. Mir sinn och drun interesséiert, well och eise Kanal, d'Waasserleitung an d'Elektrescht net am beschten Zoustand sinn. A wéi dat scho virdrun ëmmer de Fall war, si si och averstane fir déi Aarbechten ze préfinanzéieren. Mir hunn en Devis duerch eis Servicer maache gelooss an dee beleeft sech op 298.000 Euro. Op der aner Manéier kréie mer eng Ligne de crédit vu Sudgaz virgestreckt an der Héicht vun 300.000 Euro, déi mer dann d'nächst Joer virum 1. Abrëll mussen zeréckbezuelen.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass ze begréissen, datt endlech déi Strooss an d'Rei gesat gëtt mat sämtlechen Infrastrukturen. Ech wollt awer ze bedenke ginn, datt uewen, um Enn riets, do wou een eroffiert fir an de Gronn, mer eng Mauer hunn un däer scho geschafft ginn ass. Wann do eng Méiglechkeet géif bestoe fir däer drote Kierf op d'Mauer ze maachen, fir esou dat Ganzt e wéineg zeréckzehalen. Well bei schlechtem Wieder leeft do alles erof. Do kënnen d'Leit net méi iwwer den Trëttoir goen. Da wier et vill méi propper op däer Plaz.

Roland Breyer, Schäffen:

Prinzipiell kann een esou eng Léisung envisagéieren. Et muss een awer

kucken, well driwwer si privat Terrainen, an déi Leit miissten u sech dofir suerge fir d'Chaussée publique net z'endommagéieren oder ze besauen. Mir mussen eis d'Situatioun ukucken. Mir kënnen net einfach op deen aneren Terrain eppes maache goen.

Camille Bosseler (CSV):

Mir ass vum Propriétaire gesot ginn, datt dat nach eis Bande wier.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir musse kucke wéi d'Propriétéits-verhältnisser sinn. Wa mir selwer hannendru leien, da musse mir och dofir suergen, datt déi Situatioun propper ass. Mir kucken dat no, wéi mer dat kënnen e bësse méi stabiliséieren.

Camille Bosseler (CSV):

E bësse méi ënnen ass och nach e Parking, deen eis als Gemeng nach gehéiert. Wier do eng Méiglechkeet fir dat eventuell ze aménagéiere fir datt d'Leit kéinten den Auto dohinnerstellen?

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass an eisem Projet net virgesinn. Bei deem Projet hei féiert Sudgaz Aarbechten aus. Si leeë Gainen dohinner a mir profitéiere vum Gruef fir eis Infrastrukturen och ze erneieren. Mir sinn net de Maître d'ouvrage. Et gëtt kee Réaménagement vun der Strooss gemaach. D'Infrastrukture ginn nëmmen erneiert.

Bei deenen anere Saache muss ee kucken, ob een dat net kann an enger zweeter Etappe maachen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt nëmmen drop opmierksam maachen, datt mer am Juli 2001 e PAP refuséiert haten. Wann ech mech richteg kann erënneren, da war bei deem Bungalow, deen uewe riets do steet, nëmmen d'Autorisatioun méiglech wann dat anert och géif gemaach ginn. Mä déi Approbation provisoire vun deem PAP war hei am Gemengerot refuséiert ginn, an dat mat 9 géint 6 Stëmmen. Meng Fro ass elo déi:

Wa mir d'Strooss elo nei maachen, lafe mer dann net awer d'Gefor, datt d'Strooss duerno erëm opgerappt gëtt well awer eppes op däer Plaz gebaut gëtt? Well dee PAP vun 2001 hat 3 duebel Haiser virgesinn. An dee Bungalow konnt jo och nëmme gebaut ginn ënner der Conditioun, datt dat anert duerno och miisst realiséiert ginn. Ass dat elo vum Dësch?

Roland Breyer, Schäffen:

Déi meescht Infrastrukture ginn an den Trëttoir geluegt.

Jeannot Linden (LSAP):

Do ass awer net vill Plaz. Deen Trëttoir ass jo awer relativ schmuel.

Roland Breyer, Schäffen:

Do passen d'Infrastrukturen awer dran. An de Kanal gëtt an d'Mëtt geluegt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hate schonn eng Diskussioun an däer Hisiicht gefouert. Et ass awer net direkt virgesinn, datt mir de Kanal bis op säin Terrain leeën. Ech hu mat deem Propriétaire geschwat, a fir de Moment huet hien eigentlech net de Wonsch geäussert fir direkt do ze bauen.

Et ass natierlech ëmmer eng Gefor, well wann hie muer mat engem PAP kënnt a mir approuvéieren deen als Gemeng, da muss d'Strooss erëm opgerappt ginn. Ech mengen awer net, datt dat vun haut op muer wäert de Fall sinn. Esou hunn ech de Mann emol verstanen.

Jeannot Linden (LSAP):

Jo. Wann hie wëll bauen, da muss en och Propriétaire sinn. Maache mer Trëttoir zu däer Säit oder net? Mir hunn näämlech kee Plang virleien.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir si jo och net Maître d'ouvrage. Mir profitéiere just vun der Geleeënheet, datt Sugdgaz Aarbechten do mécht.

Den Trëttoir sollt awer gemaach ginn. Mir sinn der Meenung, datt e sollt verlängert gi bis uewenhinner.

Accord à l'unanimité.

7.2.1.

Transports et communications.

Règlement temporaire de la circulation routière lors du renouvellement de l'avenue de la Gare à Pétange - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn eng gutt Nouvelle fir all déi, déi all Dag driwwer fueren an eng schlecht fir déi, déi do wunnen. Mir fänken elo un d'Avenue de la Gare hei zu Péiteng nei ze maachen. Et ass e bëssen een delikate Chantier, well och nach d'rue du Chemin de Fer dobäi kënnt. Mir wëssen, datt et eng sensibel Strooss ass an deem Sënn, datt vill Leit do wunnen, ganz vill Restauranten an ëffentlech Betriber, Apdikt, Dokteren an d'Post, an däer Strooss sinn.

Mir haten elo eng Versammlung mam Entrepreneur, deen de Marché kritt huet, a mat de Ponts et Chaussées, déi jo de Bauhär sinn. Et gouf festgehalen, datt den 16. Mäerz mat den Aarbechten ugefaange gëtt. Do geet och nach eng Informatioun un d'Riverainen eraus, wéi d'Aarbechten a verschiddenen Etappen ausgefouert ginn.

Mir hunn och schonn d'Verkéiers-reglement geholl, fir datt méindes no der Kavalkad déi éischt Mesurë kënne geholl ginn an datt all déi Stroossen déi betraff sinn - an et sinn der e ganze Koup - entspriechend dem Avance-ment vun den Aarbechte kënne reglementéiert ginn. Sief dat mat roude Luuchten, mat Schëlter oder als Einbahnstrooss. Dat hänkt dovunner of wéi de Chantier virugeet.

Wéi soll de Chantier oflafen? An enger éischter Etapp gëtt an der Haapt-strooss de Pavé erausgeholl an de ganzen Tarmac erneiert. Déi Aarbechte wäerten 2 Wochen daueren. Et muss ee kucke wéi den Ënnerbau vun der Strooss ass a mer hoffen, datt mer net zevill Iwwerraschunge kréien.

No deenen Aarbechte fänke mer an der Avenue de la Gare un. An do si mer eis eens, datt mer 'à tout moment' den Trafik wëllen erméiglechen. Quitt datt en eng Kéier vu lénks op riets muss goen. Dat heescht, et bleift ëmmer eng Pist op fir all déi Saachen ze bedéngen, déi muss bedéngt ginn. Haaptsächlech denken ech do un d'Post, déi an der Mëtt vun der Strooss läit an déi all Dag muss mat Camione beliwwert ginn. Do wäerte mer dann esou virgoen, datt mer fir d'éischt déi riets Säit op- an zoumaachen, duerno déi lénks Säit op- an zoumaachen an duerno an der Mëtt. Dat heescht, de Chantier wäert sech dräimol déplacéieren. Domatter kéinte mer awer den Accès garantéieren. De Chantier ass net grad einfach.

De Plang ass am gaangen ausgeschafft ze ginn. Mir kucken op mer nach eng ëffentlech Opklärungs-versammlung maachen oder op mer d'Informatioun duerch d'Post maachen. Ech plaidéieren éischter dofir, datt mer d'Leit sollten informéieren. D'Leit wëssen net wouhi mat hiren Autoen. All deene Problemer vun de Leit kucke mer fir entgéint ze kommen. Op jiddwer Fall si mer der Meenung, datt mer an der technescher Versammlung mat deene Concernéierten eng Léisung fonnt hunn, bei däer all Mënsch zefriddegestallt kéint ginn.

Accord à l'unanimité

7.2.2.

Transports et communications.

Règlement temporaire de la circulation routière lors du renouvellement de la rue du Bois à Pétange - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Ufanks Abrëll sollen an der rue du Bois d'Infrastrukture gemaach ginn. Dëse Chantier ass net esou problematesch, well u sech nëmmen déi doze Leit, déi do gebaut hunn, vun deenen Aarbechte betraff sinn. D'Leit ginn och iwwer d'Aarbechten informéiert. D'Aarbechte solle bis Enn 2010 ofgeschloss sinn.

Camille Bosseler (CSV):

Do wou d'rue du Bois ophält, geet direkt an de Bësch. An do hunn ech déi leschte Kéier gesinn, datt vill gewullt gëtt fir mat den Autoen d'Kéier ze maachen. Besteet eng Méiglechkeet fir eng Plaz ze aménagéieren, fir datt se kënne mat den Autoen dréinen?

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass eng Zort Hummer virgesinn, esou datt een d'Kéier gemaach kritt.

Carlo Gira (CSV):

Meng Fro betrëfft déi aner Säit vun der Strooss, an zwar den Agank. Bleift deen esou wéi en ass? Well déi, déi do wunnen, bekloe sech, datt ee relativ schlecht do erauskënnt. A wann e bleift esou wéi en elo ass, da miisst ee kucke fir d'Parkplazen an der Athuser Strooss e bësse méi wäit erofzesetzen.

Roland Breyer, Schäffen:

Et gëtt éischter dru geduecht, fir mam Parken eppes ze ënnerhuelen. Bei Agank ass net vill ze maachen. Et mécht kee Sënn fir méi breet oder méi schmuel ze maachen. D'Iwwersiicht ass net gutt, dat stëmmt, an et muss bei der Reglementatioun vum Parking eppes geschéien. An déi Iwwerleeung loosse mer am adaptéierte Verkéiers-reglement mat afléissen, wat mer an der éischter Halschent vum Joer dem Gemengerot wäerte virstellen.

Accord à l'unanimité

7.2.3.

Transports et communications.

Règlement temporaire de la circulation routière lors du renouvellement de la rue Neuve à Pétange - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

D'Aarbechten an der rue Neuve hei zu Péiteng sollen och bis Enn 2010 daueren. De Verkéier soll während dëser Zäit - suivant l'avancement des travaux - mat Luuchten, riets Virfaart oder Einbahnstrooss reglementéiert ginn. Mir huelen och Récksprooch mat de Leit, déi do wunnen. Et huet praktesch an däer Strooss keen eng Garage. Mir maachen hinnen eng Offerte fir hir Autoen op ëffentlech Parkingen ze setzen. Si wäerten awer och Accès an hir Strooss behalen, och wann dat net déi ganzen Zäit de Fall wäert sinn.

Accord à l'unanimité

8.1.

Vie associative.

Amicale des anciens princes et princesses de la cavalcade de Pétange: admission sur la liste des associations à subventionner - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Den 16. November 2004 hu se schonn hir Statuten eraginn. Si hunn awer elo eng Demande gestallt fir se op de Relevé vun de subsidiéierte Veräiner opzehuelen. Mir hunn eis déi Saach ugekuckt. Mir hu wuel schonn eng Associatioun KaGePe, mä mir hunn eigentlech kee Veräin, dee sech esou enk ëm déi fréier Prënzen a Prënzessinne këmmert. Dofir si mer der Meenung fir se op d'Lëscht opzehuelen an hinnen de Subside fixe an der Héicht vun 75 Euro zouzespriechen.

Roger Klein (LSAP):

Ech sinn och der Meenung, datt déi Associatioun sollt e Subsid kréien. Et miisst ee just dem Veräi matdeelen, datt se sollen hir Statute conforme zu eisem Subsidereglement maachen. Ënner anerem den Artikel 8, datt am Fall vun enger Dissolutioun, déi mer jo net hoffen, net hir Suen un en 'organisme désigné par le comité' mä un den Office social vun der Gemeng Péiteng ginn. Dat hate mer och scho bei anere Fäll, wou mer dem Veräi matgedeelt hu fir dat nodréiglech ze änneren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir wäerten hinne schreiwen, datt de Gemengerot d'accord wier mä datt se den Artikel 8 sollen änneren.

Accord à l'unanimité

8.2.

Vie associative.

Majorettes Rodange / Lamadelaine: modification des statuts.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Majorette vu Rodange/Lamadelaine deelen eis mat, datt se an Zukunft 'Majorettes de la commune de Pétange asbl' wëllen heeschen. Dat ass eigentlech ganz am Sënn vun eisem Subsidereglement, esou datt mer dat och gäre wëllen zu Acte huelen, an datt mer och dann elo ee Majoretteclub hu fir d'ganz Gemeng.

Il en est pris acte.

8.3.

Vie associative.

Convention avec la société "Vélo-Union Esch" portant sur le départ de la dernière étape de la "Flèche du Sud" à Pétange - approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

Déi 61. Flèche du Sud, organiséiert vun 'Vélo-Union Esch' fënnt statt vum 12. bis den 16. Mee 2010. Den Organisateur ass un eis erugetruede fir datt mir hei zu Péiteng den Départ den 16. Mee 2010 vun der 4. Etapp vun dëser Course hëllefen ze organiséieren. An zwar ass d'Arrivée dann zu Esch, an de Parcours geet dräimol duerch eis Gemeng. Den Départ ass hei zu Péiteng, duerno geet et viru Richtung Lamadelaine, duerch d'rue des Prés erop laanscht d'Maus. Vun der Maus geet et dann a Richtung Déifferdeng, Esch, fir dann erëm iwwer Suessem op Péiteng ze kommen. Duerno kéimen d'Cyclisten nach zweemol duerch Péiteng, esou datt och zwee Sprinte virgesi sinn. Dat ass all kéiers um Départ hei virun der Gemeng. Et ass och e Biergpräis zu Rodange op der Maus virgesinn.

Dat Ganzt géif eis 1.250 Euro kaschte fir d'Organisatioun. A bei deenen 1.250 Euro sinn 1.000 Euro fir den Départ an 125 Euro fir déi zwee Rushen an 125 Euro fir de Sprint. Dobäi kënnt nach fir eis déi ganz technesch Organisatioun, déi mer och schonn eng Kéier 2008 gemaach haten, esou datt mer eng gewëssen Erfahrung doranner hunn. Mir mussen 'A Rousen' zur Verfügung stellen, wou dann och d'Jury drasëtzt. Dësweidere musse mer d'Stroossen ofsécheren an ofspären. Sanitäranlage fir d'Cycliste musse prett gestallt ginn, asw. .

Mir mussen och bei der 'organisation locale' d'Responsabilitéit iwwerhuelen, esou datt mer eng ganz Équipe wäerte mussen zur Verfügung stellen. Mir rechnen do mat 70 bis 80 Leit, déi musse fir d'Sécherheet suergen. Do ass natierlech och d'Police, d'Protection civile, asw., dobäi. Dësweidere wëlle

Leit aus der Sportscommissioun an Membere vun de Vëlosklipp vu Péiteng a vu Rodange matmaachen.

An däer ganzer Conventioun, déi der virleien hutt, gëtt dat Ganzt festgehalen.

Jeannot Linden (LSAP):

Et si jo 2 Sprinten an 1 Prix de la montagne virgesinn. Wie stellt déi Präisser zur Verfügung?

Gilbert Welter, Schäffen:

Déi zwee Sprinte si Punktwäertungen, an déi sinn hei virun der Gemeng. An de Biergpräis ass op der Maus. An de Biergpräis gëtt vum 'Vélo-Union Esch' bezuelt. Mir leeën 125 Euro bäi. Déi Sue sinn an däer Tax vun 1.250 Euro mat dran. Wa mer dat net wéilten, dann hätte si et ganz op sech geholl, an dann hätt et eis nëmmen 1.000 Euro kascht. Mir sinn awer der Meenung, datt et ganz flott wier, wa mir als Gemeng déi 3 Präisser dobäi hätten.

Jeannot Linden (LSAP):

Da wollt ech och nach froen, vu wéini un der gedenkt d'Stroossen ze späre? Ech wëll just drop opmierksam maachen, datt der 'A Rousen' e Fest deen Dag hutt. D'Demokratesch Partei huet deen Dag hiert Fest 'A Rousen'.

Gilbert Welter, Schäffen:

Dat Fest ass mëttes uewenop. A fir d'Flèche du Sud ginn d'Raimlechkeeten ënnenof gebraucht. Esou datt dat net stéiert.

Jeannot Linden (LSAP):

Wéi kommen d'Leit dann dohinner? Well bei esou enger Organisatioun sinn d'Stroossen dach zu engem groussen Deel gespaart.

Gilbert Welter, Schäffen:

Dat Fest ass e Mëttegiessen. Dat heescht, dat leeft mëttes um 12 Auer, esou datt déi Leit virdrun do sinn.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt nëmmen drop opmierksam maachen, net datt d'Leit duerno net méi erauskommen.

Guy Brecht (LSAP):

Et ass positiv, datt dës Manifestatioun op e Sonndeg fält. Mir wëssen alleguerten, wéivill onzefridde Bierger mer 2008 an der Gemeng haten, déi anscheinend schlecht informéiert gi ware wat d'Späre vun hire Stroossen ubelaangt huet.

Well et jo elo sonndes ass, schléisst dat awer net aus, datt déi Leit - wou d'Stroosse gespaart ginn - informéiert solle ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass kloer, datt - wann een eng Organisatioun mécht - dat Repercussiounen op de Verkéier huet. Wann een awer elo als Uertschaft näischt mécht, dann ass dat och net gäre vun de Leit gesinn. Dat hei ass elo eng ganz flott Initiative. Mir si jo awer mam Bim Diederich, mam Marcel Ernzer, enk mam Vëlosport verbonne. An dat hei ass eng gutt Geleeënheet fir och erëm eng Kéier dee Sport hei an eise Stroossen opliewen ze loossen.

Guy Brecht (LSAP):

Mä mir kréien et dëst Joer méi einfach well et op e Sonndeg fält. Dat wollt ech domatter soen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass richteg.

Approbation à l'unanimité.

9.

Questions des conseillers communaux.

Carlo Gira (CSV):

Ech wollt wëssen, ob am Kader vum Joer vun der Biodiversitéit eng oder méi Aktiounen an eiser Gemeng geplangt sinn?

Gilbert Welter, Schäffen:

Ier ech präzis op dës Fro äntweren, wëll ech e puer Explicatiounen iwwer d'Biodiversitéit an iwwer d'Joer vun der Biodiversitéit ginn.

Wëssenschaftler hu festgestallt, datt an deene leschten 30 Joer d'Biodiversitéit ëm ronn 25% zeréckgaangen ass. Dat wéinst dem Klimawandel, der Zerstéierung vun de Biotopen, der Loftverschmotzung, der Iwwerfëschung, asw, an dat Ganzt mat negative Konsequenzen op d'Ëmwelt an op d'Mënschheet. D'Vereenegt Natiounen hunn d'Joer 2010 als Joer vun der Biodiversitéit proklaméiert an d'Mënschen iwwerall opgefuerdert, fir sech verstäerkt fir d'Natur, virun allem fir d'Déieren an d'Planzen anzesetzen. Hei zu Lëtzebuerg setzt virun allem d'Fondatioun Hëllef fir d'Natur sech an, andeem Revitaliséierungsprojeten, Créatiounsprojete fir Fiichtbiotopen oder Naturweeër geschafe ginn. Si hëllefe mat praktesche Rotschléi, zum Beispill wéi een Hecke richteg fleegt, wéi d'Gemengen Naturschutz praktizéiere kënnen oder wéi ee lëtzebuerger Uebstzorte virum Ausstierwe schützt.

D'Péitenger Gemeng, eng vun deenen éischte Klimabündnis-Gemengen, huet als Zil d'Biodiversitéit ze erhalen an ze schützen. Här Gira, wann Dir mech frot watfir Aktiounen dëst Joer an eiser Gemeng geplangt sinn, esou wëll ech als éischt déi Aktioun, déi am Moment am Lafen ass, ernimmen, wou Dir den 17.02.2010 am Luxemburger Wort an Ärem Artikel iwwer Péiteng schreift: Hecke suerge fir Biodiversitéit. An eisem ökologeschen Heckefleegeprogramm, dee vun eisem Ëmweltbüro säit den 90er Joere mam Gemengesyndikat Sicona Joer fir Joer ausgeschafft gëtt, geet et drëm fir eng 30 Kilometer Hecke laanscht Weeër an op der Gewan vun eiser Gemeng op Basis vun engem festgeluegte Programm d'Hecken an d'Beem aus eise Bongerten ze schneiden an ze fleegen. Mir hate viru 14 Deeg d'Éier den delegéierten Ëmweltminister Marco Schank zu Rolleng ze begréissen, dee vun dëser Aktioun iwwerzeegt war an der Gemeng seng Félicitatiounen ausgesprach huet.

Eng aner Aktioun am Kader vun der Biodiverséitéit ass eis jäerlecht Planze vun Hecken a Beem, zesumme mat eisem Gärtneschbetrib an eise Primärschoulen.

Och eis Biotopen, an ech denken haut besonnesch un eise Weier um Hierschtbierg, gëtt vun der Sicona dëst an déi nächst Joeren nees gebotzt a propper gehalen.

Wat d'Déieren ugeet, esou sti mer do nees virun der Fräschen- a Moukenaktioun. De Problem Athuser-Strooss ass geléist, well jo do Réier ënner der Strooss duerchgezu ginn. Mir späre och erëm dëst Joer all déi Weeër, wou d'Déiere wanderen.

Da wëll ech och drop opmierksam maachen, datt de CIGL iwwer de Wee vum neie Naturgaart an der Epicerie solidaire sech virgeholl huet, fir bei privaten, eelere Leit, d'Uebst an hire Bongerten ze plécken an ze hëllefe fir dës Uebstbeem nees an d'Rei ze setzen.

Ausser enger Rei vu klengeren Aktiounen, déi d'Gemeng och nach duerchzitt, wollt ech als Läscht nach opmierksam maachen, datt och eis Bauere sech ëmgestallt hunn an eng perfekt Aarbecht maachen am Intressi vun der Biodiversitéit.

Carlo Gira (CSV):

Ech stelle fest, datt extra Aktioune keng ofgehale ginn.

Da kéim ech zu menger zweeter Fro:

Ech wollt gewuer ginn, ob et e Schema gëtt nodeem d'Stroossen an de Wanterméint fräi gemaach ginn? Ech hu festgestallt, datt verschidde

Stroossestécker guer net un d'Rei kommen, wougéint gläichgelagert Weeër dräimol gebotzt ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn e Plang, wéi an no watfir enger Prioritéit déi ganz Stroosse solle fräigemaach ginn. Do ass et sécher, datt d'Haaptstroosse solle fir d'éischt gemaach ginn, esou wéi déi Stroossen, déi vum Bus profitéiert ginn oder déi Penten, déi ganz schro sinn. Duerno kommen d'Säitestroossen un d'Rei. Mir hunn u sech 30 Kilometer Stroossen an der Gemeng a mir hunn duebel esouvill Trëttoiren ze maachen. Da muss och nach de Schoulwee drukommen, an esou weider.

Et sinn och 4 verschiddene Gemengendépartementer, déi un däer Aktioun eng Hand mat upaken. Et ass dat éischtens d'Voirie, et ass de Service RMG, de Service Propreté an de Service Espaces verts. A jiddereen huet säi Gebitt. Déi eng si méi an der Strooss an déi aner méi um Trëttoir ënnerwee.

Et hu sech awer dës Kéier éischtens wéinst deem décke Wanter, an zweetens duerch d'Situatioun, wéi mer se an de Stroossen hunn, e puer Problemer erginn.

De Schnéiplou ass laanscht gefuer wann et geschneit huet, an dann ass de Schnéi op d'Säit gedréckt ginn. A wann d'Leit owes heem komm sinn, da waren der derbäi, déi hir Garagenafaart net wollte fräi maachen a si hunn hiren Auto an d'Strooss gestallt. Wann et dann nogeschneit huet, dann ass näischt méi gaangen an de Plou koum net méi duerch d'Strooss well de Passage ze schmuel war. Doduerch konnt en Deel vun de Stroossen net méi bedéngt gi well de Passage an der Mëtt manner wéi 5 Meter war.

Mir wollte mat enger Aktioun d'Leit aus deene Stroossen, wou mer wossten, datt Problemer géife bestoen, informéieren, datt se wéinstens hiren Auto sollen nëmmen op eng Stroossesäit stellen oder virun hirer Dir propper maache fir datt se hire Won ënnerdaach kréien. D'Leit hunn eis awer geäntwert, datt mir mam Schlitt de Schnéi ëmmer virun d'Dir drécken. Mir als Gemeng miisste geschwënn och nach higoen an de Schnéi oftransportéieren. Et ass net ëmmer einfach gewiescht. Doduerch sinn e puer Problemer virkomm.

Mir setzen eis awer elo mat deene 4 Gemengenservicer zesumme fir de Point ze maache wat gutt a wat schlecht fonctionnéiert huet. Esou datt mer fir d'nächst Joer nach besser preparéiert sinn. Deelweis sinn och d'Problemer drop zeréckzeféieren, datt mer net équipéiert si mat klenge Gefierer, fir op schmuele Plazen ze botzen.

Dobäi ass och nach de Problem komm, datt d'Salz eng Zäit komplett gefeelt huet. Mir hunn du mat enger Mëschung vu Splitter a Salz nëmmen déi Haaptstroosse gemaach, an aner Stroosse si just mam Schlitt bedéngt ginn an et gouf net gestreet.

Et waren exzeptionell Ëmstänn vum Klima hir a vum Approvisionnement. Bei der Coordinatioun gesi mer och an, datt e puer kleng Problemer bestanen hunn, a wou mer wëlle kucke fir dat d'nächst Joer besser ze maachen.

Romain Becker (Déi Gréng):

War et wierklech néideg, fir - wann d'Ëmbauaarbechte bei der Péitenger Millen uginn - alleguer d'Beem ronderëm ewechzemaachen? Well do sinn nieft Nolebeem och e ganze Koup Lafbeem, esouguer Uebstbeem ofgeholzt ginn.

Et gesäit net nëmmen traureg aus, mä och dee ganze Lärmschutz, deen awer e bësse vun der Collectrice ofgeschiermt huet, ass elo domatter hifälleg, an déi Leit op der Athuser Strooss an doriwwer eraus kréien elo ganz vill vum Kaméidi mat.

Vum ästhetesche Point de vue wier et vill méi schéin an agréabel gewiescht, wann e puer däer aler Beem hätte kéinte stoe bleiwen. Well och wann neier géife geplanzt ginn, da brauchen déi erëm iwwer 60 Joer bis se esou representéiere wéi déi, déi elo a Stécker do leien.

Dann hätt ech nach eng Fro zum legislativen Deel:

Hu mir eng Autorisatioun vum Ëmweltminister gebraucht fir dës Beem ze fällen? Wa Jo, hu mir esou eng Autorisatioun vum Ëmweltminister kritt? Wa Jo, kéint all Fraktioun hei am Gemengerot eng Kopie vun däer Autorisatioun kréien?

Gilbert Welter, Schäffen:

Mir hunn eis wierklech schwéier gedoen a mat Tréinen an den Aen hu mer d'Décisioun miissten huele fir déi Beem ewechzehuelen. Et ass een ni frou, wann ee muss Beem ewechhuelen a mer wëssen och, datt ëmmer erëm Ufroe kommen. Mä hei ass awer eng Situatioun, wou et wierklech net aneschters gaangen ass. Dir wësst, datt mer bei däer aler Millen en Ubau maachen. An deen Ubau kënnt just op déi Plaz, wou déi Beem alleguerte stoungen. Mir wollten awer onbedéngt ee Bam erhalen, an zwar déi Trauerweid déi scho 50 Joer hat. Dee Bam hu mer duerch eng spezialiséiert Firma analyséiere gelooss, an zwar Arbor, an Dr Julia Engels huet eis geschriwwen, datt dee Bam och krank wier. Ech hunn hei den Text virleien, an do steet "Der Baum ist im oberen Kronenbereich massiv von Pilzen befallen, sodass es notwendig wäre den Baum stark zurückzuschneiden damit einzelne Kronenbereiche nicht ausbruchsgefärdet sind. Im Zuge der auf dem Grundstück geplanten Arbeiten wird es zu weiteren Beeinträchtigungen der Vitalität kommen, denn insbesondere Eingriffe in den Wurzelbereich werden dabei nicht zu vermeiden sein. ... Da der Baum bereits deutlich vorbeschädigt ist, wird empfohlen diesen auch zu fällen."

Dat ass dunn och gemaach ginn. Mir hunn och selbstverständlech eng Autorisatioun ugefrot a mir hunn dat och den 13. November vum Minister Marco Schank genehmegt kritt. An do steet och dran, datt mer effektiv kënnen op der ganzer Parzell mat der Kadasternummer 1648/8523 déi Beem ewechhuelen, well déi Aarbechte musse gemaach ginn. Et steet allerdéngs och dran, datt an Zäit vun engem Joer déi Beem mussen ersat ginn. Mir sollen eis do mam Fierschter zesummesetzen a kucke wéi mer dat kënnen aménagéieren. An de Fierschter Christian Berg huet och d'Haaptwuert fir do matzeschwätze wéi et soll aménagéiert ginn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech huelen awer un, datt déi Remplacementer vun deene Beem awer och op deem selwechte Site musse geschéien. Net datt en Auswäichsite an iergendengem Park virgesinn ass.

Gilbert Welter, Schäffen:

An der Autorisatioun steet dran, datt dat muss op der selwechter Plaz gemaach ginn.

Guy Brecht (LSAP):

Dierf ech kuerz eppes dozou soen. Et ass zwar net Usus, datt een zu enger Fro Stellung hëlt. Net datt duerno gesot gëtt, dee wunnt mat der Nues dobäi an en huet näischt ënnerholl deen Dag wou dat geschitt ass. Dofir wollt ech déi Interventioun hei maachen.

Wat ech e bësse bedaueren ass, datt déi Leit ronderëm net richteg informéiert waren. Well déi Aarbechten hu jo awer e gewëssene Geräischpegel produzéiert, wéi déi Beem ofgeholzt gi sinn. Wat mech och e bësse gestéiert huet - d'ITM hätt säi pure Plëséier gehat - ass, datt déi meeschten Aarbechter ouni Helm doruechter gelaf sinn a mat

décken Ouerekapen op. Och wa se déi Beem ëmgezunn hunn, dann ass kuerz virdrun ee vun däer Firma séier an d'Strooss gesprongen an huet mat Fantasiegesten de Verkéier ugehalen. Do ginn et awer gewësse Sécherheets-moossnamen, déi agehal musse ginn. Zu Beispill mat engem roude Fändel oder datt ee sech kennzeechent fir d'Autoen unzehalen.

Ech wollt och nach e bëssen op de Werdegang agoen.Um 14.15 Auer ass déi éischt Trauerweid ëmgehae ginn. An dunn hunn ech reagéiert an hei an d'Gemeng ugeruff. Natierlech konnt kee mer eppes soen. Et wosst kee Bescheed, well déi Dame, déi deen Dossier hat, dee Moment net do war, well se deen Dag fräi hat.

Ech hunn du bei den Här Breyer ugeruff, deem ech op d'Mailbox geschwat hunn. Den Här Breyer huet mer och no enger Stonn zeréck ugeruff an huet mer confirméiert, datt déi Beem faul wieren an datt déi hätte miissten ëmgehae ginn. Dat hunn ech och op der Plaz vum Fierschter selwer confirméiert kritt.

Mä bei deene Saache virdrun - Informatioun a wéi do geschafft ginn ass - miisst méi drop opgepasst ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Effektiv si mer och e bëssen iwwer-rascht gi vun deem Moment, wou déi Interventioun geschitt ass. D'Ponts et Chaussées war op der Plaz fir do ofzesécheren. Normalerweis, wann eng Strooss oder en Trëttoir gespaart gëtt, maache mer e Règlement d'urgence. Dat hei war eng Affaire tëscht däer Firma an de Ponts et Chaussées, déi sech séier arrangéiert hunn.

Fact ass awer, datt et eng Kéier huet miisste geschéien. A Fact ass och - an dat ass vläicht dat Positivt - datt erëm muss ugeplanzt ginn a datt vun haut un d'Aarbechten op der Millen lassgaange sinn. Do ginn elo d'Fënsteren zougebaut fir d'Stabilitéit vum Gebai z'assuréieren. Duerno ginn déi Prouflächer gemaach, a wou dann de Betong agesprëtzt gëtt fir dat Ganzt ze stabiliséieren.

Da gëtt dee lénksen Deel, dee Giewel dee schlecht ass, ofgedroen a vun uewe Stabilisatiounspilieren agegoss. Duerno gëtt dat Ganzt erëm opgebaut. Dat sinn déi Aarbechten, déi mat der Autorisatioun vum Sites et Monuments elo virgesi sinn.

Guy Brecht (LSAP):

Ech soen Iech Merci. An ech si frou, datt mat deem grousse Stuerm vu gëschter dee bloe Plastik, deen zwar onheemleche Kaméidi gemaach huet, gehalen huet.

Ech soen awer nach eng Kéier Merci, datt haut hunn dierften eng Interventioun maachen.